N° 52 | AUGUST 2019

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun August 2019

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung
Maison Relais bei de Kueben
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Pompjeeën Gemeng Fëschbech
Chantal CONRAD
Paul HEINEN
Daniel HOTTUA
Alex KUGENER
Olivier MOLITOR
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
*© Collections privées*
*de la Famille Grand-Ducale*

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzelivweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 53/2019 ass den 30/11/2019.*

**GEMENG**

| | |
|---|---|
| Gemengerotssëtzungen | 4 |
| Matdeelungen | 10 |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | 24 |

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

| | |
|---|---|
| Aktivitéiten an der Schoul | 32 |
| Schoulfest | 38 |
| Aktivitéiten an der Maison Relais | 40 |

**WAT WAR LASS ?**

| | |
|---|---|
| Dagesausfluch | 42 |
| Eischt Meefeier | 42 |
| Spargeliessen | 43 |
| Éischt Kommunioun | 44 |
| Remise vun de Graden | 44 |
| Rallye „Natur Pur" | 45 |
| Nopeschfest | 46 |
| Erläicchrprëssessioun | 48 |
| Tour de Luxembourg | 49 |
| Ausfluch vum Theaterveräin | 50 |
| Mir ware klibberen | 51 |
| Übung mat Grillowend | 52 |
| Joergäng 1944 - 1960 aus de Primärschoule vu Fëschbech a Schous | 54 |
| Wiessel un der Uergel bei der Chorale | 55 |
| Fraen a Mammen Gemeinde Fischbach | 55 |

**REPORTAGE**

| | |
|---|---|
| Eine Bilderbuchreise ins Land der Friesen | 56 |

**GUTT ZE WËSSEN**

| | |
|---|---|
| Badminton Regioun Mëllerdall | 58 |
| Catéchèse | 59 |

**AGENDA**

| | |
|---|---|
| Aktivitéitskalenner 2019 - 2020 | 60 |
| Mir gratuléieren | 62 |

***Mir soe jidderengem Merci, deen un däser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

# Virwuert



*Léif Matbiergerinnen a Matbierger aus der Fëschber Gemeng,*

den 23. Abrëll Moies fréi koum déi traureg Nouvelle vum Doud vum Grand-Duc Jean. E grousse Staatsmann awer och ee beléiften Awunner aus eiser Gemeng huet eis no 98 Joer fir ëmmer verlooss. D'Lëtzebuerger Land war getraff an huet getrauert. Och an eiser Gemeng konnt een d'Trauer spieren. Merci allen Awunnerinnen a Awunner op Grouß oder Kleng, déi an iergend enger Form hir Trauer zum Ausdrock bruecht hunn an esou hir Sympathie vis-à-vis vun eisem eelste Matbierger an vis-à-vis vun der Groussherzoglecher Famill zum Ausdrock bruecht hunn. Et war eng besonnesch Verbonnenheet déi d'Gemeng Fëschbech zum Grand-Duc Jean hat an och ëmmer wäert hunn. Wëll dës Verbonnenheet, mat all hiere Souveniren, sech net an e puer Zeilen résuméieren léist, bréngt de Schäfferot, niewent dem aktuelle Gemengeblat, eng Spezialeditioun eraus déi dem Grand-Duc Jean säi Liewen an a mat der Gemeng Fëschbech dokumentéiert. Dir fannt dës als Bäilag zum aktuelle Gemengeblat.

D'grouss Vakanz geet esou lues op en Enn an d'Rentrée kënnegt sech wëll iwwerall un. Wéi all Joer erëm e wichtegen an opreegende Rendez-vous fir d'Kanner an hir Elteren. Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wëll ech och dëst Joer all eise Schoulkanner, hiren Elteren awer och dem Léierpersonal e gudde Start an een erfollegräicht Schouljoer 2019/2020 wënschen.

Deene Schüler déi d'lëscht Schouljoer an der Angsber Schoul de Cycle 4.2 absolvéiert hunn drécke mir d'Daume fir hier weider Schoulcarrière. Si hunn, wéi all Joer, während engem emotionale Moment um Schoulfest hirer Schoul an hiren Enseignants'en Äddi gesot. Fir sie fänkt am September een neie Liewensofschnëtt un. Bonne chance! De Summer 2019 huet sengem Numm bis elo all Éier gemaach. Mëttwochs Mëttes de 26. Juni waren d'Temperaturen no un 40 Grad. Eise Schäfferot huet no Récksprooch mam Schoulcomité, keen „Hitzefrei" fir d'Angsber Schoul ausgeruff, sou wéi och a villen anere Gemengen am Land. Dës Décisioun ass net iwwerall op Versteesdemech getraff an awer steet de Schäfferot och weiderhin dozou. A Collaboratioun mat der Schoul an der Maison Relais goufen all méiglech Mesuren ënnerholl fir déi puer extrem Stonne fir d'Kanner esou agréabel ze maache wéi méiglech ouni grouss Ustrengungen ze verlaangen.

Nach e puer Informatioune fir Iech:
Eng Plaz am Schied oder een Ënnerdaach bei Reen gëtt et am Pausenhaff vun der Schoul zu Angelsbierg praktesch net. Aktuell kucke mir als Gemeng mat engem Bureau d'étude an Zesummenaarbecht mat der Schoul an der Maison Relais, am Kader vum Aménagement vum Schoulhaff, wou hei Verbesserunge musse gemaach ginn.

Pünktlech fir d'Summervakanz gouf den Terrain Multisport färdeg a kann zanter dem 26. Juli bespillt ginn. Als Parkplazen, wann néideg, déngt de Parking vun der Schoul, Accès vun der rue de Schoos aus. Den Terrain ass nëmmen ausserhalb vun de Schoulzäite fir de Public ze benotzen an och just bis Owes maximal 22.00 Auer.

Avis aux amateurs sportifs op jonk oder manner jonk, profitéiert vun dësem Terrain awer respektéiert en w.e.g. gläichzäiteg. Merci.

Trotz der Vakanz gouf a gëtt an der Schoul an op de Parkinge vu Maison Relais a Schoul fläisseg geschafft. D'Parkplazen op béiden Parkingen, wou vill va et vient ass, gi mat Rasengitter verluecht. D'Parksituatioun gëtt doduerch dauerhaft qualitativ verbessert.

An der Schoul goufen, nom Cycle 2 an der Summervakanz d'lëscht Joer, dës Vakanz d'Raim vum Cycle 3 nei isoléiert.

Nieft villen aneren Dossieren, wéi z. Bsp. PAG oder Kläranlagen Angelsbierg a Fëschbech, schafft de Schäfferot aktuell awer och um Projet „al Molkerei" zu Schous. Wëll dësen awer nach an de Kannerschong stécht gëtt et méi dozou zu engem spéidere Moment.

Nodeems den 3. Juli d'Ausschreiwung fir den interkommunale Waasserréseau mat eisen Nopeschgemengen opgemaach gouf, koum leider déi traureg Gewëssheet, dass de Projet ronn 1,5 Mio. € méi deier wäert gi wéi Ufanks virgesinn. An deem Kontext ass eng Informatiounsversammlung fir d'Bierger vun den dräi Gemenge virgesi fir op d'Ursaachen, d'Ëmstänn an d'Suiten vun deem Projet anzegoen. Den Datum vun der Réunioun gëtt Iech esou bal wéi méiglech kommunizéiert.

Mat dësen Informatioune wëll ech schléissen an hoffen Dir hutt vill Freed beim Liesen vun däser Editioun vum Gemengeblat.

Ech wënschen Iech nach e schéine Rescht vum Summer, eng gutt Zäit an all Guddes.

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 22 mai 2019

| | |
|---|---|
| Présents: | DAEMS Fränk – bourgmestre; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude – conseillers; |
| Absents excusés: | SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude (à partir du point 5) – conseillers |

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. **Etat des restants 2018**
Vu l'état des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2018, le conseil communal décide d'admettre:

| | |
|---|---|
| en reprises provisoires | 59 588,23 € |
| en décharge | 140,62 € |
| TOTAL | 59 447,61 € |

et accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à l'état en question avec la mention «à poursuivre». Le conseil accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation d'ester en justice contre un débiteur.

2. **Déclaration d'une zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle «Kéidenger Brill – Soup»**
Dans le cadre de la création d'une réserve naturelle dans la zone «Kéidenger Brill – Soup», le conseil est appelé à émettre son avis. Vu les objections et réclamations entrées à la commune et en notant que la plus grande partie la zone est située sur le terrain de la Commune de Fischbach, le conseil communal émet un avis négatif relatif à cet avant-projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle la zone.

3. **Organisation scolaire 2019/2020**
Sur invitation du collège des bourgmestre et échevins Madame Sarah Kolber, présidente du comité d'école, présente l'organisation scolaire 2019/2020. Suite au rapport du comité d'école et à l'avis positif de la commission scolaire tenue en présence de la directrice régionale, Madame Theisen, le conseil communal arrête provisoirement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2019/2020.

Ausser et ass anescht uginn goufen d'Décisiounen vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. **Restantenétat 2018**
Op Grond vum Restantenétat vum Finanzjoer 2018, entscheet de Gemengerot folgend Posten festzehalen:

| | |
|---|---|
| Gesamtzomm vun den geschëlte Suen | 59 588,23 € |
| Déchargen | 140,62 € |
| weider anzedreiwen | 59 447,61 € |

Ausserdem kritt de Schäfferot d'Erlaabnis geriichtlech géint e Schëldner virzegoen.

2. **Ausweisung vum Naturschutzgebitt „Kéidenger Brill – Soup"**
Am Kader vun der ëffentlecher Prozedur betreffend d'Ausweise vun engem Naturschutzgebitt vu nationalem Interessi am Kéidenger Brill, vun dem de gréissten Deel um Terrain vun der Fëschber Gemeng läit, ass de Gemengerot opgeruff hiren Avis ofzeginn. Nodeems en hallef Dose Leit hier Reklamatiounen zu dem Projet eraginn hunn, gëtt de Gemengerot eng negativ Beuerteelung zu dem betreffenden Avant-projet vum groussherzoglechem Reglement.

3. **Schoulorganisatioun 2019/2020**
Op Aluedung vum Schäfferot stellt d'Madamm Sarah Kolber, Presidentin vum Schoulkomitee, d'Schoulorganisatioun 2019/20 fir. Op Grond vum Bericht vun dem Schoulkomitee an der positiver Beuerteelung vun der Schoulkommissioun, déi a Präsenz vun der Regiounaldirektesch, Madame Theisen geholl ginn ass, hält de Gemengerot d'Schoulorganisatioun 2019/2020 fir d'Grondschoul provisoresch fest.





4. **Plan d'encadrement périscolaire 2019/2020**
Suite à l'avis favorable de la commission scolaire, le conseil communal approuve à 6 voix et deux abstentions, le plan d'encadrement périscolaire 2019/2020 établi par l'équipe pédagogique, qui règle la collaboration entre l'école fondamentale dite «Angsber Schoul» et la Maison Relais dite «Bei de Kueben». Le Conseil critique qu'une collaboration étroite n'est pas soutenue par l'Etat ni par l'attribution de moyens financières ni par la mise à disposition de personnel supplémentaires.

5. **Déclarations de recettes**
Le conseil communal approuve des titres de recettes émis et présentés par le collège des bourgmestre et échevins s'élevant au montant total de 950.264,09 € pour l'exercice 2018 et de 1.570.671,82 € pour l'exercice 2019.

6. **Décision de principe concernant une participation financière à l'installation d'un «Tourist-Info» à Larochette**
Le conseil communal refuse toute participation financière au bureau d'information touristique à Larochette, à moins que la participation sera calculée suivant le nombre de nuitées enregistrées sur le territoire de la commune de Fischbach, valeur qui, suivant les chiffres de 2015 présentés est à 0, mais laquelle est susceptible de changer dans le cas de création de chambres d'hôtes.

7. **Décision de principe concernant une harmonisation les taux de subvention en matière de promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie dans les communes-membres du Natur- & Geopark Mëllerdall**
Le conseil communal décide à six voix et une abstention de ne pas participer à l'initiative du groupe de travail ZENAPA du Naturpark Mëllerdall concernant l'harmonisation les taux de subvention en matière de promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et de mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement dans les communes de la région du Natur- & Geopark Mëllerdall.

8. **Nomination d'un représentant auprès du comité de pilotage Natura 2000 région Mullerthal**
Par vote secret le conseil communal nomme Monsieur Fränk Daems, bourgmestre, représentant de la commune au sein du comité de pilotage Natura 2000 (COPIL) de la région Mullerthal.

9. **Abolition du règlement communal relatif à l'octroi d'une subvention d'intérêts aux employés de la commune**
Le conseil communal décide d'abolir avec effet immédiat le règlement communal du 13 juin 2008 portant réglementation de l'octroi d'une subvention d'intérêts aux employés de la commune ayant contracté un prêt dans l'intérêt du logement. Il décide d'ailleurs de

4. **Organisatioun vun der Betreiung ausserhalb vun den Schoulzäiten 2019/2020**
Ob Grond vun der positiver Beuerteelung duerch d'Schoulkommissioun stëmmt de Gemengerot mat sechs Stëmmen an zwou Enthalungen dem schouleschem Begleedungsplang fir d'Schouljoer 2019/2020 zou, dee vun der pedagogescher Equipe opgestallt ginn ass an deen d'Zesummenaarbecht vun der Angsber Schoul mat der Maison Relais „Bei de Kueben" regelt. De Gemengerot kritiséiert awer, dass esou eng enk Kooperatioun net mat zousätzlechem Personal oder finanzielle Mëttele vum Staat ënnerstëtzt gëtt.

5. **Einnamen**
Den Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 950.264,09 € fir d'Finanzjoer 2018 an 1.570.671,82 € fir 2019.

6. **Prinzipienentscheedung betreffend d'finanziell Bedeelegung um Ariichte vun engem „Tourist Info" an der Fiels**
De Gemengerot refuséiert all finanziell Bedeelegung um „Tourist Info" an der Fiels et sief dann, dës Bedeelegung géiff ob Grond vun der Unzuel vun Iwwernuechtungen um Terrain vun der Gemeng Fëschbech gerechent ginn. Des Zuel ass, laut der Statistik vun 2015, gläich Null, mee kéint änneren wann Iwwernuechtungsméiglechkeete géiffe geschaaffe ginn.

7. **Prinzipienentscheedung betreffend d'Aféierung vun harmoniséierte Subventiounen am Kader vun der rationeller Energienotzung an de Gemengen aus dem Natur- a Geopark Mëllerdall**
Mat sechs Stëmmen an enger Enthalung entscheet de Gemengerot, net un enger Initiativ vum ZENAPA-Aarbechtsgrupp vum Naturpark Mëllerdall deelzehuelen, betreffend d'Harmoniséierung vun de Subventiounen am Kader vun enger rationeller Energienotzung am Beräich vum Logement an de Gemengen aus dem Natur- a Geopark Mëllerdall.

8. **Nominatioun vun engem Vertrieder am Steierungsgrupp Natura 2000 vun der Regioun Mëllerdall**
An engem geheime Vote nennt de Gemengerot den Här Fränk Daems, Buergermeeschter, als Vertrieder vun der Gemeng bei dem Steierungsgrupp Natura 2000 (COPIL) vun der Regioun Mëllerdall.

9. **Ofschafen vum Gemengereglement betreffend d'Zënssubventioune vir d'Gemengepersonal**
Den Gemengerot entscheet d'Reglement vum 13. Juni 2008 betreffend d'Zënssubventioune vir d'Gemengepersonal ofzeschafen an ännert an engems den Artikel 30 vum Kollektivvertrag fir d'Ugestallte vun der Fëschber Gemeng, sou dass am Kader vun den Zënssubventiounen net méi d'Dispositioune vum Statut vum Staatsfonctionnaire mais déi vum Statut vum Gemengefonctionnaire unzewende sinn.

remplacer les dispositions de l'article 30 de la convention collective applicables aux salariés de la commune de Fischbach avec la disposition suivante: «Les dispositions relatives à la subvention d'intérêt des fonctionnaires et employés des communes et établissements publics placés sous la surveillance des communes sont applicables».

10. Abolition du règlement interne de l'éducation précoce
Le conseil décide d'abolir avec effet immédiat le règlement communal du 15 décembre 2015 portant réglementation interne de l'éducation précoce (cycle 1).

11. Modification du règlement communal concernant l'octroi annuel d'une allocation de vie chère
Le conseil communal décide de modifier le règlement communal concernant l'octroi annuel d'une allocation de vie chère. A partir de l'année 2019 le montant de l'allocation accordée est fixé à 50% de l'allocation de vie chère allouée par le Fonds National de Solidarité, avec un maximum de 1.000 € par demande et par année de référence.
Prière de consulter la page 12 de la présente édition du Gemengeblat.

12. Approbation de statuts associatives
Le conseil communal approuve les statuts de l'association «Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech» et décide de reporter l'approbation des statuts de l'association sans buts lucratifs «Le rêve du Petit Prince» à une séance ultérieure.

10. Ofschafe vum interne Reglement betreffend Fréierzéiung
De Gemengerot entscheet d'Gemengereglement vum 15. Dezember 2015 iwwert déi intern Regelen an der Fréierzéiung (cycle1) ofzeschafen.

11. Ëmännerung vum Reglement betreffend d'Ausbezuele vun enger Deierungszoulag
De Gemengerot entscheet d'Gemengereglement iwwert d'Ausbezuele vun enger Deierungszoulag ëmzeänneren. Ab 2019 ass den Betrag vun der Zoulag ob 50% vun der Zoulag vum Fonds National de Solidarité festgeluecht mat engem Maximum vun 1.000 € pro Demande a Joer.
Kukkt w.e.g och d'Säit 12 un dëser Editioun vum Gemengeblat.

12. Veräinsstatuten
De Gemengerot hellt Statute vum Veräin „Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech" un a verleet d'Entscheedung betreffend d'Unerkennung vun de Statute vum Veräin „Le rêve du Petit Prince " op eng spéider Sëtzung.



# Avis au public

## RÈGLEMENTS COMMUNAUX NOUVEAUX OU MODIFIÉS:

Par délibération du 22 mai 2019 le conseil communal a décidé une modification du règlement concernant l'octroi annuel d'une allocation de vie chère. Ledit règlement a été publié à la maison communale du 19 au 24 juillet 2019. Le texte du règlement est à disposition du public à la page 12 de la présente édition du Fëschber Gemengeblat.

Par délibération du 22 mai 2019 le conseil communal a décidé l'abolition du règlement communal interne du 12 octobre 2001 relatif à l'octroi d'une subvention d'intérêts aux agents publics ayant contracté un prêt dans l'intérêt du logement. Ladite abolition a été publiée à la maison communale du 19 au 24 juillet 2019.

Par délibération du 22 mai 2019 le conseil communal a décidé l'abolition du règlement communal interne du 15 décembre 2015d concernant l'éducation précoce. Ladite abolition a été publiée à la maison communale du 19 au 24 juillet 2019.

Par délibération du 25 juillet 2019 le conseil communal a décidé une modification du règlement communal concernant l'octroi d'un subside aux élèves et étudiants méritants. Ledit règlement a été publié à la maison communale du 26 au 31 juillet 2019. Le texte du règlement est à disposition du public à la page 10 de la présente édition du Fëschber Gemengeblat.

**Les textes des différents règlements peuvent être consultés sur le site internet de la commune et sont à disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris connaissance pendant les heures d'ouverture des bureaux.**

***www.acfischbach.lu***



# Séance publique du conseil communal du 11 juin 2019

Présents: DAEMS Fränk - bourgmestre
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien - échevins
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel
SCHILTZ Laurent - conseillers

Absents excusés: OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Enseignement fondamental: proposition de réaffectation de personnel enseignant – vote secret
A - Vu la vacance d'un poste définitif dans le cycle 1 de l'école de Fischbach et vu le relevé des candidatures recevables, le conseil communal propose de réaffecter Madame Schumacher Anne au poste vacant d'instituteur à partir de l'année scolaire 2019/2020.

B - Vu la vacance d'un poste provisoire pour l'année scolaire 20019/20 dans le cycle 1 de l'école de Fischbach et vu le relevé des candidatures recevables, le conseil communal propose avec 6 voix de réaffecter Madame Peter Lucie au poste vacant d'instituteur pour l'année scolaire 2019/2020.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Ëmbesetzung vu Léierpersonal – geheime Vote
A - Betreffend de fräien an definitive Posten am Cycle 1 vun der Schoul Fëschbech an op Grond vun der Lëscht vun den zougeloossene Kandidaten, schléit de Gemengerot fir, de Poste mat der Madamm Schumacher Anne als Léierin ab dem Schouljoer 2019/2020 ze besetzen.

B - Betreffend de fräien temporäre Posten (Schouljoer 2019/20) am Cycle 1 an opgrond vun der Lëscht mat den zougeloossene Kandidaten, schléit de Gemengerot fir, de Poste mat der Madamm Peter Lucie als Léierin fir d'Schouljoer 2019/2020 ze besetzen.





# Séance publique du conseil communal du 25 juillet 2019

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent – conseillers;

Absents excusés: TRAUSCH Claude – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Plan de gestion des forêts – exercice 2020
Entendu les explications concernant les objectifs fournis aux membres du conseil communal par Monsieur Olivier Molitor, préposé forestier au triage de Larochette, le conseil communal approuve le plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2020, arrêté le 7 juin 2019 par l'Administration de la nature et des forêts – Arrondissement Centre-Ouest avec des dépenses de 101.250 € et des recettes de 114.520 €.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Bëschverwaltungsplang fir d'Joer 2020
No den Erklärungen vum Här Olivier Molitor, Fierschter vum Fielser Triage, stëmmt de Gemengerot dem alljährlechen Bëschverwaltungsplang fir d'Joer 2020, sou wei en de 7. Juni 2019 vun der Natur a Bëschverwaltung – Bezierk Zentrum-Westen festgehal ginn ass. Virgesi sinn Ausgaben vun 101.250 € an Einnamen iwwert 114.520 €.

2. **Approbation de déclarations de recettes**
Le conseil communal approuve les titres de recettes portant sur un montant de 53.832,71 €.

3. **Modification des statuts du Syndicat Intercommunal pour la Gestion des Déchets (SIDEC)**
Entendu le collège des bourgmestre et échevins ainsi que le délégué de la commune auprès du SIDEC en leurs explications, le conseil communal approuve les statuts modifiés du syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC, en la version dont ils ont été soumis pour approbation aux communes membres suivant la décision du Comité du SIDEC en son assemblée du 5 novembre 2018.

4. **Projet d'Aménagement Particulier «Um Béchel» à Angelsberg: décision de principe et approbation d'un crédit budgétaire y relatif**
Entendu les explications du collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal approuve à six voix contre deux l'élaboration d'un Projet d'Aménagement Particulier «Um Béchel» à Angelsberg par la commune, ainsi que l'inscription d'un nouveau crédit y relatif de 70.000 € à inscrire au budget de l'exercice 2019.

5. **Arrêt provisoire du compte de gestion 2017**
Vu le compte de gestion présenté par le receveur pour l'exercice 2017 et en considérant que ce compte ne donne pas lieu à observation de la part de la Direction de Contrôle de la Comptabilité Communal, le conseil communal arrête provisoirement ledit compte de gestion 2017.

6. **Arrêt provisoire du compte administratif 2017**
Vu le compte administratif présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour l'exercice 2017 et en considérant la note du collège des bourgmestre et échevins en réponse du rapport du Service de Contrôle de la Comptabilité Communale, le conseil communal arrête provisoirement ledit compte conformément au tableau récapitulatif suivant:

2. **Einnamen**
Den Gemengerot genehmegt Einnamen iwwert 53.832,71 €.

3. **Ännerung vun de Statute vum Syndicat Intercommunal pour la Gestion des Déchets (SIDEC)**
Nodeems en dem Schäfferot an dem Delegéierten vun der Gemeng beim SIDEC hir Erklärungen héieren huet, stëmmt de Gemengerot den verännerten Statuten vum interkommunalem Syndikat fir d'Verwaltung vum Hausoffall Norden an Zentrum, ofgekierzt SIDEC, zou an der Versioun wei se op Grond vun der Entscheedung vum Comité vum SIDEC an der Sitzung vum 5. November 2018 de Membersgemengen virgeluecht goufen.

4. **PAP „Um Bechel" zu Angelsberg: prinzipiell Entscheedung an Genehmegung vun engem Budgetskredit**
No den Erklärunge vum Schäfferot, stëmmt de Gemengerot mat sechs Stëmme géint zwou fir d'Ausschaffen vum PAP „Um Bechel" zu Angelsbierg duerch d'Gemeng, souwéi en neie Kredit vun 70.000 € am Budget vum Joer 2019.

5. **Provisorescht Festhalen vum Gestiounskont 2017**
Wëll keng Bemierkungen duerch den d'Gemengenfinanzkontroll virléien hält den Gemengerot den Gestiounskont 2017 provisoresch esou fest wéi e vum Receveur festgehale ginn ass.

6. **Provisorescht Festhalen vum administrative Konnt 2017**
Op Grond vum administrativen Kont, dee vum Schäfferot fir d'Joer 2017 virgestallt gouf an nodeems en d'Notiz vum Schäfferot als Äntwert op de Bericht vun der Gemengenfinanzkontroll berécksichtegt huet, hält de Gemengerot dee genannte Kont provisoresch fest wéi an dëser Iwwersiicht:

| TABLEAU RÉCAPITULATIF | Sommes proposées par le collège |
|---|---|
| Boni du compte de 2016 | 3 639 141,20 |
| Recettes ordinaires | 4 333 313,79 |
| Recettes extraordinaires | 1 061 530,93 |
| Total des recettes | 9 033 985,92 |
| Mali du compte de 2016 | 0,00 |
| Dépenses ordinaires | 3 087 219,49 |
| Dépenses extraordinaires | 4 977 267,29 |
| Total des dépenses | 8 064 486,78 |
| Boni | 969 499,14 |
| Mali | 292.045,93 |





7. **Décision de principe concernant «Energiekooperative Mëllerdall»**
Le conseil communal décide de ne pas mettre à disposition les toits des biens immobiliers communaux aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque par l'«Energiekooperative Mëllerdall». Etant donné que le potentiel de surface disponible est réduit, le conseil communal est de l'avis qu'il vaut mieux que l'administration communale de Fischbach s'occupe elle-même de ses installations photovoltaïques.

8. **Décision de principe concernant l'installation d'une station météorologique à Schoos**
Ayant entendu les explications du collège des bourgmestre et échevins et en considérant que les frais d'exploitation seront à charge de l'Administration des Services Techniques Agricoles de l'Etat, le conseil communal approuve avec cinq voix contre trois l'installation d'une station météorologique près du bassin d'eau à Schoos avec des coûts prévisionnels de 8.646,30 € TTC.

Etant donné que l'installation n'est prévue que pour l'année prochaine, le budget afférant est à prévoir au budget de l'exercice 2020.

9. **Approbation d'un compromis concernant une acquisition dans le cadre de la mise en œuvre du réseau d'eau intercommunal**
Dans le cadre de la réalisation du réseau d'eau potable intercommunal, le conseil communal approuve le compromis signé entre les communes de Fischbach, Larochette et Nommern et la famille propriétaire, ayant pour objet l'acquisition de 4,9 ares d'une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Larochette, section C de Meysembourg, au prix de 525 € par are.

10. **Modification du règlement communal concernant l'octroi d'une prime pour élèves méritants**
Etant d'avis qu'il importe d'instaurer une réglementation plus précise, le conseil communal approuve la modification du règlement communal concernant l'octroi d'une prime pour élèves méritants à partir de l'année scolaire 2018/19.
Prière de consulter la page 10 de la présente édition du Gemengeblat.

11. **Modification du règlement de circulation**
Etant donné qu'un avis relatif au projet de modification du règlement de circulation fait défaut, le conseil communal décide de reporter cette décision à une séance ultérieure.

7. **Prinzipiell Entscheedung betreffend „Energiekooperative Mëllerdall"**
De Gemengerot entscheet d'Diescher vun de Gemengegebaier net fir d'Exploitatioun vun enger Photovoltaikinstallatioun duerch d'„Energiekooperative Mëllerdall" zur Verfügung ze stellen. Well déi verfügbar Platz op den Diescher begrenzt ass, ass de Gemengerot der Meenung datt et fir d'Gemengeverwaltung besser ass sech selwer em hier Photovoltaikinstallatiounen ze këmmeren.

8. **Prinzipiell Entscheedung iwwer d'Opriichten vun enger Wiederstatioun zu Schoos**
Nodeems d'Erklärunge vum Schäfferot gehéiert gi sinn a berücksichtegt gouf datt d'Betribskäschte vun der Staatlecher Verwaltung vun den landwiertschaftlechen techneschen Déngschter gedroe ginn, stëmmt de Gemengerot mat fënnef Stëmme géint dräi dem Opriichten vun enger Wiederstatioun beim Waasserbaseng zu Schous mat geschätzte Käschten vun 8.646,30 € TTC zou.

9. **Genehmegung vun engem Compromis betreffend eng Uschafung am Kader vun der Ëmsetzung vum interkommunale Waassernetz**
Am Kader vum interkommunalen Drénkwaassernetz geneemegt de Gemengerot en Compromis tëscht de Gemenge Fëschbech, Fiels an Noumer an der Besëtzerfamill betreffend de Kaaf vun 4,9 Ar vun enger Parzell, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Fiels, Sektioun C vu Meesebuerg, zu engem Präis vun 525 € pro Ar.

10. **Ännerung vum Gemengereglement betreffend d'Primen fir verdéngschtvoll Schüler**
Well en der Meenung ass dass d'Gemengereglement betreffend d'Ausbezuele vun enger Prime fir verdéngschtvoll Schüler méi präzis soll formuléiert sinn, stëmmt de Gemengerot d'Ännerung vun dësem Reglement ab dem Schouljoer 2018/19 zou.
Kukkt w.e.g. och d'Säit 10 vun dëser Editioun vum Gemengeblat.

11. **Ännerung vum Verkéiersreglement**
Well eng Stellungnahm iwwer déi proposéiert Ännerung vun dem Verkéiersreglement feelt, huet de Gemengerot dës Entscheedung op eng spéider Sëtzung geréckelt.

GEMENG

# REGLEMENT BETREFFEND SUBSIDEN FIR SCHÜLER A STUDENTEN

décidé en séance publique du Conseil communal le 25 juillet 2019

**Article 1 - Prime de fin d'études secondaires**
Une prime de fin d'études secondaires est allouée aux élèves ayant obtenu le diplôme de fin d'études secondaires classiques ou générales respectivement le diplôme de technicien (DT) au Grand-Duché de Luxembourg ou pouvant présenter un diplôme sanctionnant des études reconnues équivalentes par le Ministre ayant dans ses attributions l'Éducation Nationale.

**Article 2 - Prime d'encouragement**
Une prime d'encouragement est allouée aux apprentis ayant obtenu

- le certificat de capacité professionnelle (CCP);
- le diplôme d'aptitude professionnelle (DAP);
- le brevet de maîtrise

ou pouvant présenter un certificat, diplôme ou brevet étranger sanctionnant des formations reconnues équivalentes par le Ministre ayant dans ses attributions l'Éducation Nationale.

**Article 3 - Prime aux étudiants de l'enseignement supérieur**
Une prime aux étudiants de l'enseignement post-secondaire est allouée aux étudiants ayant poursuivi à plein temps des études supérieures au Grand-Duché de Luxembourg ou à l'étranger, sous condition d'avoir obtenu le diplôme pour lequel la prime est sollicitée.

Sont à considérer comme diplômes de l'enseignement supérieur au sens du présent article:

- les diplômes émis par l'Université du Luxembourg;
- les diplômes de brevet de technicien supérieur luxembourgeois (BTS);
- les diplômes émis par des établissements d'enseignement supérieur accrédités au Luxembourg et sanctionnant des formations accréditées au Luxembourg

ainsi que les diplômes étrangers du niveau

- de bachelor;
- de master;
- de l'enseignement supérieur

homologués ou inscrits au registre des titres de formation par le Ministre ayant dans ses attributions l'Enseignement supérieur.

**Article 4 – Modalités d'octroi**

1. Les primes sont accordées aux élèves, apprentis et étudiants ayant, suivant le Registre National des Personnes Physiques, leur domicile dans la commune de Fischbach pendant toute l'année scolaire en question.

   Les demandeurs enregistrés dans la commune de Fischbach après le début de l'année scolaire seront seulement pris en considération s'ils peuvent justifier ne pas avoir touché une prime dans une autre commune.

2. Les primes ne peuvent être allouées que sur demande écrite. À cet effet un formulaire spécial est mis à disposition des personnes intéressées.

3. Les demandes en obtention des primes sont à adresser à l'administration communale de Fischbach dans un délai fixé et publié par le collège des bourgmestre et échevins.

4. Sous peine de forclusion une copie du certificat, diplôme ou brevet obtenu doit être ajoutée à toute demande, ainsi qu'une traduction en langue luxembourgeoise, française, allemande ou anglaise établie par un traducteur assermenté, si le diplôme est établi dans une langue autre que ces quatre langues.

   Une attestation officielle par l'autorité ou l'établissement scolaire qui émet le certificat, diplôme ou brevet peut se substituer à la copie de ceux-derniers si leur remise officielle n'aura lieu qu'après le délai fixé par le collège des bourgmestre et échevins.

5. Le collège des bourgmestre et échevins peut demander toutes les précisions qui lui semblent nécessaires et, le cas échéant, la production d'attestations et de pièces justificatives supplémentaires, ainsi que l'homologation ou l'inscription au registre des titres de formation par le Ministre ayant dans ses attributions l'Enseignement supérieur.



**Article 7 – Cumul des primes et subventions**
Les primes accordées par la commune de Fischbach peuvent être cumulées avec d'autres primes et subsides accordées par l'État ou des institutions privées, mais ne sont pas cumulables avec des primes et subsides similaires accordées par d'autres communes.

**Article 8 -**
En cas de fraude ou de tentative de fraude par des déclarations inexactes, le bénéficiaire est tenu de rembourser intégralement les sommes accordées. Il perdra en outre son droit à une prime postérieure.

**Article 9 – Fixation des primes à allouer**
Les différentes primes sont fixées comme suit:

1. Prime de fin d'études secondaires: 200 €
2. Prime d'encouragement: 100 €
3. Prime aux étudiants de l'enseignement supérieur: 100 €

**Article 10**
La dépense afférente est imputée au budget des dépenses ordinaires et liquidée aux bénéficiaires suivant les disponibilités budgétaires.

**Article 11 – Abrogation et entrée en vigueur**
Le présent règlement abroge le règlement communal modifié du 30 août 1996 et entre en vigueur à partir de l'année scolaire 2018/2019.

**Pour pouvoir bénéficier des primes pour l'année scolaire 2018/2019 la demande y relative ainsi que toutes les pièces à l'appui nécessaires doivent parvenir à l'Administration communale de Fischbach, rue de l'église n°1 à L-7430 Fischbach pour le 1er décembre 2019 au plus tard, sous peine de forclusion.**

**Le formulaire de demande peut être téléchargé sur le site internet *www.acfischbach.lu***



# Ukënnegung / *A venir*

**Freideg, den 4. Oktober bis Sonndeg 6. Oktober 2019 am Veräinshaus op der Héicht zu Schoos**
Ausstellung mam Thema *„Naturmolerei"* mat Biller vun véier Kënschtler aus Lëtzebuerg an der Belsch.

***Vendredi, le 4 octobre au dimanche 6 octobre 2019 au Veräinshaus à Schoos***
*Exposition avec le sujet «**La Nature en Peinture**» avec des tableaux de quatre artistes du Luxembourg et de la Belgique.*

**Donneschden, den 10. Oktober 2019 um 19.30 Auer am Veräinshaus op der Héicht zu Schoos**
D'Gemeng Fëschbech an an Zesummenaarbecht mat „Mäi Wëllen, Mäi Wee - Associatioun fir d'Recht an d'Dignitéit ze stierwen Lëtzebuerg" invitéiert Iech op eng **Informatiounskonferenz mam Thema „Enn vum Liewen: d'Recht op Euthanasie oder en assistéierte fräiwëllegen Doud ze froen".**
Spriecherin: Madame Véronique Hammes
Sprooch: Lëtzebuergesch – eng Iwwersetzung op franséisch gëtt ugebueden

***Jeudi, le 10 octobre 2019 à 19.30 heures au Veräinshaus à Schoos***
*L'administration communale de Fischbach, en collaboration avec «Mäi Wëllen, Mäi Wee - Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité Lëtzebuerg» vous invite à une conférence d'information sur le thème de **«la fin de vie: le droit à demander une euthanasie ou une assistance au suicide».***
*Conférencière: Madame Véronique Hammes.*
*Langue: Luxembourgeois – une traduction en langue française sera assurée*

**KOMMÉMORATIOUNSDAG**
**Sonndeg, den 13. Oktober 2019 um 10.30 Auer an der Fëschber Kierch**
De Schäfferot invitéiert d'Awunner an d'Veräiner aus der Gemeng un der Mass an der uschléissender Zeremonie zum Gedenken un d'Affer vum éischten a vum zweete Weltkrich deelzehueln.

***JOURNÉE DE LA COMMÉMORATION***
***Dimanche, le 13 octobre 2019 à 10.30 heures à l'église de Fischbach***
*Le collège des bourgmestre et échevins invite les habitants et associations de la commune de Fischbach à participer à la messe et à la cérémonie tenue en mémoire des victimes de la première et de la seconde guerre mondiale.*

# RÈGLEMENT COMMUNAL CONCERNANT L'OCTROI ANNUEL D'UNE ALLOCATION DE VIE CHÈRE

décidé en séance publique du Conseil communal le 22 mai 2019

**Article 1**
La commune de Fischbach accorde à partir de l'année 2019, sur simple demande, une allocation de vie chère.

Peuvent bénéficier de cette allocation toute personne qui a sa résidence habituelle sur le territoire de la commune de Fischbach, qui est inscrite au registre communal des personnes physiques définitif de la commune de Fischbach depuis au moins le 1er janvier de l'année de référence et qui a touché une telle allocation de la part du Fonds National de Solidarité pour l'année de référence.

**Article 2**
Le montant de l'allocation accordée est fixé à 50% de l'allocation de vie chère allouée par le Fonds National de Solidarité, avec un maximum de 1.000 € par demande pour l'année de référence.

**Article 3**
Les demandes sont à présenter annuellement sur des formulaires mis à la disposition des intéressés par la commune au plus tard pour le 31 janvier de l'année qui suit l'année de référence.

Pour être recevable la demande doit obligatoirement être complétée d'une pièce justificative émanant du Fonds National de solidarité et renseignant le montant de l'allocation de vie chère touchée par le demandeur pour l'année de référence.

L'autorité communale de réserve le droit de réclamer toute pièce à l'appui complémentaire qu'elle estime nécessaire aux fins de compléter le dossier.

**Article 4**
L'allocation de vie chère n'est accordée qu'une fois par année de référence. La décision concernant l'octroi de l'allocation de vie chère est prise par le collège des bourgmestre et échevins.

**Article 5**
L'allocation est versée au requérant. Pour le cas où le requérant est en dette avec la commune, l'allocation accordée sera utilisée pour régler la totalité ou une partie de cette dette.

**Article 6**
L'allocation est sujette à restitution si elle a été obtenue par suite de fausses déclarations, de renseignements inexacts ou d'une erreur de l'administration communale ou bien du Fonds National de Solidarité.

**Article 7**
La dépense afférente est annuellement imputée à l'article 3/260/648340/99001 du budget des dépenses ordinaires avec le libellé «Aides aux résidents (Allocation vie chère)» et liquidée aux bénéficiaires suivant les disponibilités budgétaires.

**Article 8**
Le règlement communal du 24 septembre 2013 relatif à l'allocation d'une prime de vie chère aux personnes à revenu faible est abrogé.

**Le formulaire de demande pour l'octroi de l'allocation de vie chère 2019 est disponible sur le site de la commune *www.acfischbach.lu***





# ZESUMME KACHEN

**Op Grond vun der rezenter Ëmfro iwwer d'Offer vu Coursen, proposéiert d'Integratiounskommissioun, vun der Fëschber Gemeng eng Aktivitéit "Zesummen Kachen".**

Mir invitéieren Iech e gesellege Moment an der Kichen vum Veräinshaus op der Héicht ronderëm d'Entdeckung vun de verschiddene kulinaresche Kulturen vun den Awunner vun eiser Gemeng ze deelen.

Wann Dir un dëser Aktivitéit wëllt deelhuelen: Rendez-vous Dënschdes, den 24. September 2019 um 20 Auer am Veräinshaus op der Héicht zu Schous fir eng éischt Informatiounsversammlung.

Bei dëser Geleeënheet hunn all déi Interesséiert d'Méiglechkeet fir iwwert den Oflaf vun der Aktivitéit ze diskutéieren an déi nächst Rendez-vousen no der Disponibilitéit vum Lokal ze plangen.

*D'Integratiounskommissioun*

***Nach der kürzlich durchgeführten Umfrage zum Angebot von Kursen schlägt die Integrationskommission der Gemeinde Fischbach eine Aktivität "Zesummen Kachen" vor.***

*Wir laden Sie ein, einen geselligen Moment in der Küche des „Veräinshaus op der Héicht" über die Entdeckung der unterschiedlichen kulinarischen Kulturen der Einwohner unserer Gemeinde, zu teilen.*

*Wenn Sie an dieser Aktivität teilnehmen möchten: Treffen Sie sich am Dienstag, den 24. September 2019, um 20 Uhr im „Veräinshaus op der Héicht" in Schoos zu einer ersten Informationsversammlung.*

*Bei dieser Gelegenheit haben die Teilnehmer die Möglichkeit, den Ablauf der Aktivität zu besprechen und die nächsten Termine je nach Verfügbarkeit des Lokals zu planen.*

*Die Integrationskommission*

***Suite à la récente enquête sur l'offre des cours, la commission d'intégration de la commune de Fischbach propose une activité en cuisine «Zesummen Kachen».***

*Nous vous invitons à partager un moment convivial dans la cuisine du « Veräinshaus op der Héicht » autour de la découverte des différentes cultures culinaires des habitants de notre commune.*

*Si vous souhaitez participer à cette activité: rendez-vous le mardi, 24 septembre 2019 à 20 heures au « Veräinshaus op der Héicht » à Schoos pour une première réunion d'information.*

*Lors de cette occasion, les intéressées ont la possibilité de discuter le déroulement de l'activité et de planifier les prochains rendez-vous suivant la disponibilité du local.*

*La commission d'intégration*

**Following the recent survey on the offer of courses, the integration commission of the commune of Fischbach proposes an activity "Zesummen Kachen".**

We invite you to share a convivial moment in the kitchen of the "Veräinshaus op der Héicht" around the discovery of the different culinary cultures of the inhabitants of our commune.

If you wish to take part in this activity: join us on Tuesday, 24 September 2019 at 8 pm at the "Veräinshaus op der Héicht" in Schoos for a first information meeting.

On this occasion, participants have the opportunity to discuss how this activity will take place and plan the next appointments according to the availability of the local.

*The integration commission*



# Adventsfënster

## Kultur- a Veräinskommissioun

**Dëst Joer am Advent organiséiert d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Fëschbech fir d'éischte Kéier, „d'Adventsfënster".**

Vum 1. bis de 24. Dezember 2019 ginn an eisen Dierfer 24 Fënstere mat Motiver ënnert dem Thema „Advent a Chrëschtdag" vun Awunner dekoréiert. All Dag gëtt eng Fënster opgemaach, déi d'Leit aus dem Duerf kënne kucke goen.

**Gesicht ginn dofir 24 Leit oder Familljen aus der Gemeng Fëschbech, déi bei dëser Aktioun matmaachen an eng Fënster vun hirem Doheem dekoréieren.**

Hei nach e puer Erklärungen:

- All Fënster kritt eng Nummer vun 1 bis 24. Wann eng Fënster z.B. d'Nummer 6 huet, gëtt se de 6. Dezember opgemaach.
- D'Fënster an d'Nummer solle vun der Strooss aus gutt siichtbar sinn.
- Et ginn zwou Varianten:
  - Stëllfenster: Dir dekoréiert eng Fënster an d'Leit aus dem Duerf spadséiere laanscht fir sech Är Dekoratioun unzekucken.
  - Fënster an Aktioun: Dir dekoréiert eng Fënster a loosst lech nach eppes afalen (z.B. eng Adventsgeschicht virliesen) an/oder Dir kënnt eng Klengegkeet fir d'Leit, déi kucke kommen, zerwéieren (z.b. Glühwäin oder Kichelcher).
- Ob faarweg, dezent, geckeg oder besënnlech, et ass alles erlaabt an der Kreativitéit si keng Grenze gesat.
- D'Adventsfënster soll no deem se op ass, all Dag vun 18 Auer bis 21 Auer beliicht sinn.
- Eng Lëscht mat den Datumen, geneeën Auerzäiten an den Adresse vun de Leit déi matmaache gëtt Enn November 2019 publizéiert.
- Et wier flott, wann d'Fënstere bis de 6. Januar 2020 dekoréiert a beliicht géife bleiwen.

Dës Aktioun soll eis Gemeng méi faarweg maachen an der däischterer Zäit vum Joer an zum gudden Duerfliewen bäidroen.

**Déi Leit, déi wëllen eng Adventsfënster maachen, kënnen sech bis de 4. November 2019 op der Gemeng mellen.**
**E-Mail: population@acfischbach.lu**
**oder Telefon: 32 70 84 1**











# STOP!

**D'Spillplaatzen, d'Grénganlagen an all déi aner ëffentlech Plaatzen si keng Hondstoiletten!**

Haalt eis Dierfer propper a git Uecht wou ären Mupp säi Geschäft hannerléist. Vergiesst net d'Hondstuten ze benotzen, déi dir gratis kënnt op der Gemeng ewech huelen.

***Les aires de jeux, les ilots verts et les places publiques ne sont pas des toilettes pour chiens!***

*Afin de tenir nos villages propres, nous vous prions de faire attention où votre chien se soulage et n'oubliez pas d'utiliser les sachets spéciaux qui peuvent être enlevés gratuitement à la maison communale.*



KlimaPakt
European Energy Award






# Mobilitätsumfrage

Im Laufe des Monats Januar dieses Jahres waren die Bürgerinnen und Bürger der Gemeinde aufgefordert an einer Mobilitätsumfrage teilzunehmen. Sinn und Zweck dieser Umfrage war es, die Stärken und Schwächen des öffentlichen Transportes zu ermitteln. Des Weiteren sollten die Angewohnheiten und Interessen der Einwohner erfasst und analysiert werden, um diese bei künftigen Verbesserungen berücksichtigen zu können. Außerdem konnten die Teilnehmer dem Schöffen- und Gemeinderat ihre Verbesserungsvorschläge und Anregungen mitteilen.

Die Umfrage wurde zusammen mit dem Energieberater „Energipark Réiden s.a.“ im Rahmen des Klimapakts ausgearbeitet. Die Analyse und Auswertung der eingegangenen Fragebögen wurde von „Energipark Réiden s.a.“ vorgenommen.

Insgesamt nahmen 47 Haushalte an der Umfrage teil, dies entspricht circa 11% aller Haushalte in der Gemeinde. Wie die folgende Abbildung zeigt, verteilen sich die Haushalte, die an der Umfrage teilgenommen haben, fast gleich auf die drei größeren Ortschaften der Gemeinde: Angelsberg, Schoos und Fischbach.

# *Enquête de mobilité*

*Au courant du mois de janvier de cette année les citoyennes et citoyens de la commune ont été appelés à participer à une enquête de mobilité. Le but de cette enquête était de repérer les points forts et faibles du transport public, ainsi que de connaître les habitudes et intérêts des habitants afin de pouvoir les prendre en considération lors de la mise en œuvre de modifications futures. En outre les participants ont eu la possibilité de communiquer leurs suggestions d'amélioration à la commune.*

*Le questionnaire a été élaboré dans le cadre du pacte climat en collaboration avec le conseiller climat de «Energipark Réiden s.a.». L'analyse et l'évaluation ont été effectuées par «Energipark Réiden s.a.».*

*47 ménages ont participé à l'enquête, ce qui correspond à 11% de tous les ménages de la commune. Comme indiqué sur le graphique suivant, les ménages qui ont participé à la présente enquête se répartissent uniformément sur les trois localités principales de la commune, à savoir Angelsberg, Schoos et Fischbach.*



**ZUSAMMENFASSUNG DER AUSWERTUNG:**
Aus der Analyse der Umfrageergebnisse und der Bemerkungen, können einige Hauptgründe ermittelt werden, die darlegen, warum das Auto in vielen Situationen das am meisten genutzte Fortbewegungsmittel darstellt.

Der erste Grund sind die ungeeigneten Busfahrpläne der beiden Linien 409 und 419. Vor 7:00 morgens passiert nur ein Bus Fischbach und Schoos. Diejenigen, die um diese Uhrzeit zur Arbeit müssen, sind also auf das Auto angewiesen. Auch der Fakt, dass beide Linie fast über die gesamte Länge des Tages gleichzeitig fahren, bringt eine Reihe von Problemen mit sich, besonders für die Schüler und Schülerinnen.

Eine Anpassung der Buslinien, besonders der Linie 419, sodass diese vor 7:00 öfters zirkuliert, könnte zu einer verstärkten Nutzung des öffentlichen Transportes führen.

Auch die Einführung einer Buslinie die am Wochenende und an Feiertagen zirkuliert, könnte die Nutzung des Autos, besonders im Bereich der Freizeitaktivitäten reduzieren.

Die Anbindung an das Rufbussystem der Gemeinde Mersch wäre besonders für ältere Menschen, die nach Mersch gelangen wollen, sowie für Schüler, die einen unregelmäßigen Stundenplan haben von großem Interesse.

Auch der Mangel an Fußgänger- und Radwegen fördert die Nutzung des Autos. Für die Kinder, die außerhalb von Angelsberg leben, gibt es keine sichere Möglichkeit zu Fuß oder mit dem Fahrrad zur Schule zu gelangen.

Die Verbindung von Schoos und Angelsberg durch einen sicheren Fußgänger- und Radweg könnte, besonders bei schönem Wetter, zu einer erheblichen Reduzierung des motorisierten Individualverkehrs in Richtung der Schule führen.

***RÉSUMÉ DE L'ÉVALUATION***
*L'analyse de l'enquête et des suggestions montre clairement pourquoi la voiture personnelle est le moyen de transport le plus utilisé.*

*Les horaires des lignes de bus 409 et 419 ne sont pas adaptés aux besoins des utilisateurs. Avant 7 heures du matin un seul bus passe à Fischbach et à Schoos. Les personnes qui commencent à travailler vers cette heure doivent forcément utiliser la voiture. Le fait que les deux lignes passent à peu près aux mêmes heures apporte une série des problèmes, surtout pour les élèves.*

*Une adaptation des horaires de bus, surtout de la ligne 419 avec introduction de courses avant 7 heures, pourrai augmenter l'utilisation du transport public. L'introduction d'une ligne circulant durant les fins de semaines et jours fériés pourrait réduire l'utilisation de la voiture privée, surtout dans le domaine des activités de loisir.*

*Une participation au bus sur appel «Flexibus» de la commune de Mersch serait d'intérêt pour les personnes âgées voulant parvenir à Mersch, respectivement pour les élèves avec un horaire irrégulier.*

*L'aménagement d'un chemin piétonnier et cyclable entre Schoos et Angelsberg pourrait aboutir à une réduction significative du trafic individuel motorisé vers l'école, surtout pendant la période de beau temps.*

*L'amélioration des arrêts de bus surtout à Fischbach contribuera au sentiment de sécurité des utilisateurs. Surtout la situation de l'arrêt «Kräizbierg» en direction de Mersch est très problématique: il ne dispose ni d'un trottoir, ni d'une baie d'arrêt ou d'un accotement, ce qui implique que les utilisateurs du transport public se trouvent quasiment dans la rue pour attendre le bus.*





Verteilung des teilnehmenden Haushalte
*Répartition des ménages participants*



Diese Verbindung würde ebenfalls das Sicherheitsgefühl der Einwohner erheblich steigern. Diese Steigerung könnte auch durch eine Ausbesserung der Bushaltestellen in Fischbach erreicht werden. Besonders die Bushaltestelle „Kräizbierg" in Richtung Mersch stellt ein großes Problem dar, da bei dieser Haltestelle weder ein Bürgersteig noch eine kleine Einbuchtung oder ein Seitenstreifen vorhanden sind. Dies führt dazu, dass die Einwohner fast auf der Straße stehen müssen, wenn sie auf den Bus warten.

**STELLUNGNAHME DES SCHÖFFENRATES DER GEMEINDE FISCHBACH**

Auch wenn der Schöffenrat sich eine stärkere Teilnahme an der Mobilitätsumfrage im Rahmen des Klimapakts gewünscht hätte, möchten wir an erster Stelle allen Bürgerinnen und Bürgern danken, welche teilgenommen haben.

Ein häufig angesprochenes Problem sind die ungeeigneten Busfahrpläne, beziehungsweise mangelhaften Busverbindungen. Dies ist sicherlich ein nationales Problem welches viele Landgemeinden betrifft. Die Möglichkeiten einer Gemeinde in diesem Fall eine Verbesserung herbeizuführen sind begrenzt, auch wenn der Schöffenrat die Ansichten und Bedenken in Sachen öffentliche Busverbindungen durchaus teilt. Den zuständigen Instanzen werden auf jeden Fall Verbesserungsvorschläge auf Grund der eingegangenen Resultate unterbreitet.

Gefordert wurde auch eine Anbindung an das Rufbussystem „Flexibus" der Gemeinde Mersch. Die Gemeinde Fischbach ist schon an das Rufbussystem „Bummelbus" angebunden, der Schöffenrat wird jedoch die Modalitäten einer Angliederung an den „Flexibus" Mersch überprüfen um das Angebot eventuell flexibler zu gestalten. Informationen zum „Bummelbus" findet man auf den Internetseiten www.acfischbach.lu, www.mobilitéit.lu oder www.fpe.lu.

Im Kontext des „Sicherheitsgefühls" wurden in erster Linie die Bushaltestellen in Fischbach angesprochen. Es ist dem Schöffenrat bewusst, dass die Situation sehr ernst ist. Vor allem Passagiere welche die Bushaltestellen „Kräizerbierg" und „Paschtoueschgaart" in Richtung Mersch benutzen wollen, setzen sich während Ihrer Wartezeit einem hohen Risiko aus. Seit Amtsbeginn, unabhängig dieser Mobilitätsumfrage, hat der Schöffenrat sich mit diesem Problem befasst und vor allem die Situation der Haltestelle „Kräizerbierg" analysiert. Ein Entwurf einer sicheren Haltestelle mit Unterstand wurde angefertigt, die Zustimmung des Eigentümers des Grundstücks wurde ebenfalls problemlos eingeholt. Lediglich das Paragraphen-Reiten der Straßenbauverwaltung macht es für den Moment unmöglich diese Gefahrensituation zu entschärfen. Auch in diesem Fall stimmt der Schöffenrat den Bedenken der Bürgerinnen und Bürger zu.

Im Kontext des „Sicherheitsgefühls" möchte der Schöffenrat zusätzlich betonen, dass während den letzten Monaten die Sicherheit an mehreren Fußgängerübergängen entlang des Schulweges in Angelsberg verbessert wurde, sei es durch die Beleuchtung, die Neuanlage von Übergängen sowie die Kennzeichnung oder die behindertengerechte Gestaltung der Fußgängerübergänge. Zudem wurden und werden zurzeit, in Zusammenarbeit mit der „Police de la route", Geschwindigkeitsmessungen über einen längeren Zeitraum in verschiedenen Straßen unserer Gemeinde durchgeführt. Nach der Auswertung der aufgezeichneten Daten wird über Verkehrsberuhigungsmaßnahmen beraten.

In Bezug auf die mangelnde Existenz von Fußgänger- und Radwegen teilt der Schöffenrat diese Ansicht nicht. Es stimmt sehr wohl, dass es keine Radwege zwischen den Ortschaften gibt. Es stimmt allerdings nicht, dass es keine sichere Möglichkeit gibt sich zu Fuß oder mit dem Fahrrad von Fischbach oder Schoos zur Schule nach Angelsberg zu bewegen. Die benannten Dörfer sind seit jeher durch Wege verbunden. Zudem wurde die Verbindung „aale Wee" zwischen Schoos und Fischbach kürzlich erneuert und bietet sich für den Zweiradverkehr geradezu an.

Eine sichere Verbindung zwischen Fischbach und „aale Wee" sowie „Schiechtegronn" wurde bereits diskutiert und wäre dienlich. Abseits der viel befahrenen Hauptstraße von Schoos nach Angelsberg ist auch die idyllische und nur für Anlieger freie Verbindung „op Lewend" eine sichere Verbindung zwischen Schoos und Angelsberg. In Angelsberg angekommen ist eine direkte Verbindung zum Schulkomplex so bald als möglich vorgesehen.

Von Natur aus ist die Topographie der Gemeinde Fischbach nicht unbedingt radfahrerfreundlich, wenigstens nicht für jene die ungerne in die Pedale treten. Ein Umstand der allerdings auch durch Radwege nicht geändert werden kann! Zudem werden bei der Wunschäußerung nach Radwegen die zu bewältigenden Kosten für z.Bsp. die Erstellung, den Unterhalt, den Erwerb von Grundstücken oder den Einsatz von Arbeitskräften allzu oft vergessen. Der Radweg PC5 im Tal der weißen Ernz verdeutlicht der Gemeinde Fischbach nur zu gut welchen Aufwand und Überraschungen ein Radweg mit sich bringt.

Für weitere Anregungen steht der Schöffenrat selbstverständlich jederzeit zur Verfügung.

***PRISE DE POSITION DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS DE LA COMMUNE DE FISCHBACH***

*Bien que le collège des bourgmestre et échevins aurait souhaité une plus grande participation à l'enquête sur la mobilité, nous tenons à remercier tous les citoyen(ne)s qui ont participé.*

*Les horaires de bus inappropriés, respectivement les liaisons de bus inadéquates, sont un problème fréquemment mentionné. Il s'agit certainement d'un problème du niveau national qui touche de nombreuses communes rurales. Les possibilités d'une commune d'apporter une amélioration dans ce cas sont limitées, bien que le collège échevinal partage les points de vue et les préoccupations concernant les services de bus publics. Dans tous les cas, nous allons proposer des suggestions d'amélioration en fonction des résultats obtenus aux autorités compétentes.*

*Une connexion au système de bus d'appel «Flexibus» de la municipalité de Mersch a également été demandée. Bien que la commune Fischbach est déjà raccordée au système de bus d'appel «Bummelbus», le collège des bourgmestre et échevins va étudier les modalités d'une connexion au «Flexibus» afin de rendre l'offre éventuellement plus flexible.*

*Dans le contexte du «sentiment de sécurité», surtout le sujet des arrêts de bus à Fischbach a été abordé et le collège des bourgmestre et échevins est conscient que la situation actuelle est très grave. Les usagers qui empruntent les arrêts de bus «Kräizerbierg» et «Paschtoueschgaart» en direction de Mersch courent un risque élevé pendant leur temps d'attente. Depuis le début de son mandat, indépendamment de la présente enquête, le collège échevinal s'est saisi de ce problème et surtout la situation de l'arrêt «Kräizerbierg» a été analysée. Le projet d'un arrêt sécurisé avec un abri a été élaboré et le consentement du propriétaire du terrain a également pu être obtenu facilement. Seul le juridisme de l'Administration des ponts et chaussées empêche de désamorcer cette situation dangereuse pour le moment. Les préoccupations des citoyens sont donc entièrement partagées par le collège des bourgmestre et échevins.*

*Dans le contexte du «sentiment de sécurité», le collège des bourgmestre et échevins souligne en outre l'amélioration de la sécurité sur plusieurs passages pour piétons sur le chemin de l'école à Angelsberg, que ce soit par l'éclairage, le réaménagement de passages pour piétons et le marquage adapté aux personnes handicapées. S'y ajoute les mesurages de vitesse à moyen terme ont été respectivement sont effectuées dans différentes rues de notre commune, en collaboration avec la «Police de la route». Après l'évaluation des données levées, des mesures d'apaisement de la circulation seront discutées.*
*En ce qui concerne le manque de pistes cyclables et piétonnes, le collège des bourgmestre et échevins ne peut pas partager les différents points de vue. Il est vrai qu'ils n'existent pas de pistes cyclables entre nos villages. Cependant, il n'est pas vrai qu'il n'existe aucun moyen sûr de se rendre, à pied ou à vélo, de Fischbach ou Schoos à l'école d'Angelsberg. Les villages précités ont toujours été reliés par des petits chemins. En outre, la liaison «aale Wee» entre Schoos et Fischbach a été renouvelée récemment et est idéale pour la circulation à deux roues.*

*Une connexion sécurisée entre Fischbach et «aale Wee», ainsi que «Schiechtegronn» a déjà été discutée et serait utile. A l'écart de la route principale très fréquentée entre Schoos et Angelsberg, le chemin rural «op Lewend», réservé aux riverains, constitue une liaison idyllique entre les deux villages. Arrivé à Angelsberg, une connexion directe au complexe scolaire est prévue dans les meilleurs délais.*

*Par sa topographie de la commune de Fischbach n'est pas forcément adaptée aux cyclistes, du moins à ceux qui n'aiment pas pédaler. Une circonstance, cependant, qui ne peut pas être changée par la mise en place de pistes cyclables supplémentaires! En outre, dans les vœux exprimés par les participants de l'enquête, les coûts pour la création, l'entretien, l'achat de terrains et de main d'œuvre pour de telles pistes n'ont souvent pas été considérés. La piste cyclable PC5 de la vallée de l'Ernz blanche illustre très bien quels efforts et surprises une telle piste apporte à la commune de Fischbach.*

*Bien entendu, le collège des bourgmestre et échevins se tient à votre disposition pour recevoir d'autres suggestions.*

Fortbewegungsmittel der Kinder, um in die Schule zu kommen
*Moyen de Transport des enfants pour aller à l'école.*




Sicherheitsempfinden aus verschiedenen Perspektiven /
*Sentiment de sécurité de différents points de vue*



# Neuorganisation der öffentlichen Abfallsammlung

Sehr geehrte Einwohnerinnen,
sehr geehrte Einwohner,

Im Rahmen der Kampagne „Weniger wegwerfen, mehr recyceln", wird ihre Gemeinde, in Kooperation und unter der Verantwortung des SIDEC, demnächst die öffentliche Abfallsammlung neu gestalten. Dabei wird ihre graue Restmülltonne, ohne Kosten für sie, gegen eine (1) neue Mülltonne mit Chip ausgetauscht, um so den Mülltonnenbesitzer und die Anzahl der durchgeführten Entleerungen zu erfassen. Gleichzeitig erhalten sie, falls sie dies wünschen und ohne Kosten, eine (1) Mülltonne mit 60 Litern für Bioabfälle und / oder eine (1) Mülltonne mit 120 Litern für Hohlglas sowie deren regelmäßige Entleerung. Zusätzliches Mülltonnenvolumen kann auf Anfrage nach Bedarf und gegen Bezahlung bereitgestellt werden.

Die neuen Maßnahmen zur Umgestaltung der öffentlichen Abfallsammlung werden bereits erfolgreich seit zwei Jahren in der Gemeinde Erpeldingen an der Sauer durchgeführt und das SIDEC bereitet nun ihre Umsetzung in allen 46 Mitgliedsgemeinden vor.

Diese neuen Maßnahmen betreffen, zumindest in der Anfangsphase, ausschließlich Mülltonnen mit zwei Rädern, die über die öffentliche Abfallsammlung entsorgt werden.

**Informationsversammlungen in luxemburgischer Sprache und mit Simultanübersetzung* in französischer Sprache, werden an den folgenden Terminen und Adressen immer um 19.00 Uhr angeboten:**

Jeter moins
Recycler plus

- **Am 8. Oktober 2019 im Cube 521, 1- 3 Driicht; 9764 Marnach**
- **Am 9. Oktober 2019 in der Grundschule Reenert,11, avenue N. Kreins; 9536 Wiltz**
- **Am 10. Oktober 2019 in der Aal Seeërei, rue de l'Industrie; 9230 Diekirch**
- **Am 15. Oktober 2019 in der Schule Nic. Welter, 13, place de l'église; 7533 Mersch**
- **Am 16. Oktober 2019 im Centre culturel, am Tremel; 8706 Useldange**
- **Am 17. Oktober 2019 im Centre Turelbach, 22, rue principale; 9168 Mertzig**
- **Am 23. Oktober 2019 in der Deichhalle, 3, rue du Deich; 9012 Ettelbrück**

In der Hoffnung, sie zahlreich begrüßen zu können,
verbleiben wir, sehr geehrte Einwohnerinnen, sehr geehrte Einwohner, mit freundlichen Grüßen.

*Fischbach und Diekirch, August 2019*

für die Gemeinde Fischbach
der Bürgermeister
Fränk Daems

SIDEC

pour le SIDEC
Le Président
Claude Haagen

**mündliche Simultanübersetzung durch ehrenamtliche Mitarbeiter der ASTI*

**Weitere Informationen: *www.sidec.mapoubelle.lu***





# Reorganisation de la collecte publique des déchets

Chères habitantes, chers habitants,

Dans le cadre de la campagne «Jeter moins, recycler plus», votre commune, en collaboration et sous la responsabilité du SIDEC, réalisera prochainement la réorganisation de la collecte publique des déchets. Il sera procédé, d'ailleurs sans frais pour vous, à l'échange de votre poubelle grise pour vos déchets ménagers résiduels contre une (1) nouvelle poubelle avec puce permettant d'identifier son détenteur ainsi que le nombre de vidages réalisé. Par la même occasion, une (1) poubelle de 60 litres pour biodéchets et / ou une (1) poubelle de 120 litres pour verre creux, vous seront offertes sans frais, y compris leur vidage régulier, si vous le souhaitez. Des volumes supplémentaires en poubelles peuvent être demandés suivant vos besoins et sont payants.

Les nouvelles mesures de réorganisation de la collecte publique sont déjà réalisées, avec beaucoup de succès, pendant deux années dans la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et le SIDEC s'apprête maintenant de les mettre en œuvre dans toutes les 46 communes membres du SIDEC.

Ces nouvelles mesures concernent, pour le moins dans une première phase, exclusivement les poubelles à deux roues desservies dans le cadre de la collecte publique.

Un courrier d'information personnel vous parviendra prochainement vous renseignant plus en détail sur les mesures à venir et vous permettant de commander la ou les nouvelle(s) poubelle(s) suivant vos besoins.

**Des réunions d'information en langue luxembourgeoise, avec traduction simultanée* en langue française, sont proposées, toujours à 19.00 heures, aux dates et lieux suivants:**

Jeter moins
Recycler plus

- **Le 8 octobre 2019 au Cube 521, 1- 3 Driicht à 9764 Marnach**
- **Le 9 octobre 2019 à la l'école Reenert,11, avenue N. Kreins à 9536 Wiltz**
- **Le 10 octobre 2019 à la Aal Seeërei, rue de l'Industrie à 9230 Diekirch**
- **Le 15 octobre 2019 à l'Ecole Nic. Welter, 13, place de l'église à 7533 Mersch**
- **Le 16 octobre 2019 au Centre culturel, am Tremel à 8706 Useldange**
- **Le 17 octobre 2019 au Centre Turelbach, 22, rue principale à 9168 Mertzig**
- **Le 23 octobre 2019 Hall du Deich, 3, rue du Deich à 9012 Ettelbrück**

Dans l'espoir de pouvoir vous accueillir nombreux,
veuillez agréer, chères habitantes, chers habitants, l'expression de nos meilleurs sentiments.

*Fischbach et Diekirch, août 2019*

pour la commune de Fischbach
Le Bourgmestre
Fränk Daems

SIDEC

pour le SIDEC
Le Président
Claude Haagen

**traduction orale directe par collaborateurs bénévoles de l'ASTI*

**Informations supplémentaires: *www.sidec.mapoubelle.lu***

# ... à propos: Wandenergie

## Informatiounen zu de Wandanlagen um Rolléngerbierg



**Wann et ëm d'Akzeptanz vun der Wandenergie geet, gëtt engem dat gutt Gefill vermëttelt e positive Bäitrag fir d'Ëmwelt ze leeschten, well jo duerch de grénge Stroum een Deel vum Energieverbrauch theoretesch net méi fossil hiergestallt gëtt. Dofir hëlt een dann och Nodeeler a Kaf ewéi zum Beispill de Verloscht vu Liewensqualitéit, oder och nach déi onvermeidbar Affer an der Vullewelt.**

Do wier et natierlech interessant ze wëssen, wéi héich dee versprachene positive Bäitrag vun den Anlagen um Rolléngerbierg ass, schliisslech gëtt jo bei der Realisatioun vum Projet eng wonnerbar Landschaft, mat enger Aussiicht wäit iwwer d'Lëtzebuerger Koppen, duerch véier industriell Wandanlagen komplett entstallt.

A well Lëtzebuerg sech elo ambitiéis Ziler gëtt fir eng honnertprozenteg Energiewend ëmzesetzen, wier et jo och interessant ze wëssen, wéi vill där Wandindustriezonen mat der Kapassitéit vum Rolléngerbierg nach insgesamt missten ugeluecht ginn. Wann een déi Zuel kennt, kritt een op d'manst eng Iddi vum Ausmooss vun der globaler Landschaftszerstéierung déi eis an deene nächste Joren erwaart.

Dës Froe loosse sech liicht beäntweren mat den Informatiounen, déi de Promoteur an der Biergerversammlung op der Héicht geliwwert huet. Et si véier Anlagen mat enger gesamter installéierter Leeschtung vu ronn 9 bis 10 Megawatt virgesinn. Déi kéinten theoretesch ëm déi 17 Gigawattstonne pro Joer liwweren. Dogéint läit de gesamte Lëtzebuerger Energieverbrauch bei ronn 50.000 Gigawattstonnen. **Theoretesch couvréiert deemno de Rolléngerbierg vun der Gréisstenuerdnung hier ronn dräi Zéngdausendstel vun eisem Verbrauch.**

Wann elo am Kontext vun enger globaler Energiewend d'industriell Wandanlagen a grousser Zuel uechter d'Land opgeriicht ginn, da muss dee schwankende volatile Stroum zum Deel a Form vu Gas gespäichert ginn, fir dat dëse Stroum och ka bedarfsgerecht an d'Netz agespeist ginn, ouni d'Netz ze destabiliséieren. Dës Konditioun muss onbedéngt erfëllt sinn ewéi een elo nees kierzlech ganz konkret gesinn huet: dëse Juni zum Beispill gouf et effektiv de 6., 12. a 25. am däitsche Stroumnetz massiv Leeschtungsdefiziter, wou carrément d'Systemsécherheet a Gefor war ewéi d'Bundesnetzagentur an déi véier däitsch Iwwerdroungsnetzbedreiwer hu misse confirméieren.

D'Ofbrieche vun der Netzfrequenz hat Repercussiounen am gesamten europäesche Verbondnetz, a konnt nëmme mat der Ënnerstëtzung vu konventionelle Kraaftwierker aus de Nopeschlänner stabiliséiert ginn, esou dat et bis elo net zum Blackout koum. Dës technesch Noutoperatioune sinn awer net méi méiglech, wann e politesch gewollten europawäiten Ausbau vu volatile Stroumquellen, an d'Ofschalte vu reegelbare Kraaftwierker an d'Realitéit géingen ëmgesat ginn, ouni noutwendeg Stroumspäicher. A wann et zum Blackout kënnt, ass et och technesch net méi méiglech mat volatile Stroumquellen d'Netz nees un d'Lafen ze kréien. Bei der noutwendeger Späicherung geet awer an engem globale System ongeféier d'Halschent vun der Energie verluer, esou dat d'Produktioun muss verduebelt ginn fir dëse Verloscht ze kompenséieren.

**Wa mer iwwer dee Wee zum Beispill d'Halschent vum Lëtzbuerger Energieverbrauch mat der Wandenergie wëllen ofdecken, da brauche mer deemno bal dräidausend Wandindustriezonen mat der Kapassitéit vum Rolléngerbierg. Do kommen also ronn drësseg Zonen op eng duerchschnëttlech Gemeng zu Lëtzebuerg.**

Wann ee sech dëse Relatioune bewosst gëtt, huet een do ëmmer nach e gutt Gefill beim Gedanken, dat Grénggzonen déi bis elo tabu waren, industrialiséiert ginn?

Wéi eng Informatiounen gëtt et soss nach no engem Joer Funkstille? Et wier jo zum Beispill ganz interessant ze wëssen, wat bei de Wandmiessungen um Rolléngerbierg erauskoum. Et zirkuléieren Rumeuren dat déi gemoosse Wandvitessen ënner den Erwaardungen vum Promoteur bliwwe sinn. Dat wier erstaunlech, wann ee bedenkt dat 2018 ee vun de gudde Wandjore war: an der gesamter däitscher Moyenne louch d'Stroumproduktioun op d'installéiert Leeschtung bezunn ronn 20% iwwer dem laangjäerleche Mëttelwäert. An deem Fall wieren déi niddreg Wandvitessen, déi de Wandatlas fir de Rolléngerbierg ugëtt, jo confirméiert? **Am Sënn vun der Transparenz sollten d'Wandmiessungen an hir Auswäertung public gemaach ginn. De Schäfferot vun der Fëschber Gemeng huet an deem Sënn eng Demande un d'Societéit SOLER gericht fir Abléck an d'Resultater vun de Wandmiessungen ze kréien.**

Et héiert een och, dat de Promoteur dofir elo kuckt fir wesentlech méi grouss Anlagen op de Rolléngerbierg ze setzen. Gëtt hei, just fir de Profit ze optiméieren, den zousätzleche negativen Impakt op d'Natur an op d'Liewensqualitéit bewosst a Kaf geholl? Mir kënnen awer sécher eise Kapp a Rou leeën, well all déi Leit déi bei dem „Informatiounsowend" op der Héicht dobäi waren, sinn Zeien dat de Promoteur versprach huet dat d'Anlagen ënner kengen Ëmstänn méi héich ewéi 150m ginn (wat an enger wonnerbarer Landschaft egal wéi schonn total disproportionéiert wier), och wann d'Contraintë vum Findel méi héich Anlagen géingen erlaben.

**A Punkto Informatiounen wier et zum Beispill och interessant ze wëssen, wat d'ornithologesch Etüden erginn.** Dëse Summer ass dacks de roude Milan iwwer dem Plateau gesi ginn. Mir wëlle jo awer kee reegelméissege Skandal ewéi an der Wandindustriezon zu Weiler. A wann d'Wandanlagen wärend der Bruttzäit tëschent Mäerz an August missten ausgeschalt ginn, kéim jo guer näischt méi dobäi eraus. **Och zu dësem Punkt huet de Schäfferot vun der Fëschber Gemeng eng Demande u SOLER gericht a freet den Avis zur Avifauna deen d'Centrale Ornithologique am Abrëll 2018 der Societéit SOLER ausgestallt huet.**

Et ass e Privileeg an der formidabel schéiner Mëllerdall Landschaft ze liewen. Do wier et schonn ubruecht dat mer eis objektiv informéieren a rational mat dem Thema auserneesetzen. **Wie méi Informatiounen iwwer d'Wandenergie sicht, fënnt elo e komplett nei iwwerschaffte Plausibilitéits-Check op der Internetsäit vun der Fëschber Gemeng.**

Déi däitsch Energiewend als ofschreckend Beispill: de ländleche Raum gëtt progressiv an eng Wandindustriezon transforméiert, fir haut op en Undeel vu 4% am Endenergieverbrauch ze kommen. Ass dat e Modell fir Lëtzebuerg?

Technesch gesinn ass et evident, dat de Bäitrag vun der Wandenergie nëmme symbolesch ass.

**Do stelle sech vill Froen, déi jiddereen fir sech selwer beäntwere kann:**

**Wat ass d'Verhältnesméissegkeet tëschent dem Opwand, de kontraproduktive Nieweneffekter an dem reelle Notzen vun der Wandenergie?**

**Wéi e Sënn mécht eng héich Subventionéierung vun Anlagen op wandschwaache Sitten?**

**Soll een iwwerhaapt nach Technike fërderen, déi noweislech an der Praxis nëmmen e ganz marginale Bäitrag hunn?**

**Wéi e Wäert hunn ambitiéis Ziler, wann een un Technike gleeft, mat deenen ee se nimools erreeche kann?**

*Paul HEINEN am Optrag vum*
*Schäfferot vun der Gemeng Fëschbech*

# Fairtrade Pick-Nick im Wald



**Gut 30 Leute haben sich wieder zum alljährlichen Fairtrade Pick-Nick « an der Seitert » im Wald versammelt.**

Bei tollem Wetter konnten die Teilnehmer von leckeren Gerichten kosten, die mit einem oder mehreren Fairtrade Produkten zubereitet waren. Auf dem Menü standen :

Verschiedene Reissalate, Gaspacho, Taboulé, Haselnuss-Quadrate, Quinoasalat, Falafels mit Dip, Fleischbällchen, grüner Salat, Muffins mit Quinoa, Strudels mit Tomaten und Mozarella, belegte Brötchen mit Brie-Käse und Schokoaufstrich, Schokokuchen, Muffins, Bananenmuffins und Obstsalat.

Groß und Klein ließen es sich in einer gemütlichen Runde gut schmecken.

Wir freuen uns schon aufs nächste Jahr !

*Die Fairtrade Gruppe der Gemeinde Fischbach*



**SAVE THE DATE**

**Den 1. Dezember ass eisen Fairtrade Kaffisbuffet op der Héicht zu Schoos!**





# Den Giant ass do

19.04.2019 **SCHOOS**







**Op Karfreideg hat de Schäfferot op eng kléng Feierstonn invitéiert fir en neit Gefier vum techneschen Déngscht anzeweien.**

Well d'Ufuerderungen un eis Gemeng ëmmer méi grouss ginn an d'Personal awer net an deem Mooss kann zouhuelen, brauch een dat richtegt Geschir. Dofir huet de Schäfferot zesumme mat sengen Leit um Terrain gekuckt fir e Gefier ze beschafen, dat multifunktionnell a wendeg ass. Dobäi koum e sougenannten „multifunktionnellen Radlader" eraus vun der Firma Tobroco, de Giant V5003. Tobroco ass eng hollännesch Firma aus der Géigend vun Tilburg, déi 1996 vum Toine Brock gegrënnt gouf. Dohir kënnt och den Numm als Ofkierzung fir Toine Brock Construction. De V5003 gouf unanime vum Gemengerot gestëmmt a kann am Summer d'Trottoiren, d'Revèren an d'Weeër kiere wéi z.B. de Veloswee laanscht d'Äerenz, am Wanter de Schnéi vun den Trottoire raumen a streeën, am Gréngs an an de Bëscher dofir suergen, datt d'Vegetatioun an d'Weeër an der Rei bleiwen, an déi nei Maschinn ka ronderëm d'Veräinshaus d'Fester an d'Veräiner ënnerstëtzen. Zum Vëloswee sollt nach bemierkt ginn, datt de Staat zwar de Wee gebaut huet, mee datt mir als Gemeng musse kucken, datt en an der Rei bleift an dat ouni iergend eng Ënnerstëtzung vum Staat. Wéinst all deenen zousätzlechen Aufgaben ass eisen neie Giant méi wéi wëllkomm.

*Text: Frank WEYRICH & Fränk DAEMS*
*Fotoen: Frank WEYRICH*



# Naturschutzarbechten

Text & Fotoen: Olivier MOLITOR



*„Den 26. Mäerz 2019 hu mer zu Weier beim Braun Gilles 10 nei Uebstbeem geplanzt. Hei woren mat de Joren eng Partie Beem ëmgefall respektiv futti gaangen."*



*„Den 12. Abrëll 2019 hu mer beim Linda & Claude Trausch nach 20 Uebstbeem (seelen Zorten) geplanzt, an dat vis à vis vum Fëschber Schlass. Wëll et do schonn e bëssi méi waarm wor huet d'Linda d'Beem duerno äifreg genat."*



| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

*„Desweideren hu mer nach a verschidden Schéieren 2 Brutkëschten fir d'Tuermeil (d. Schleiereule) opgehaangen. Fir dat sech och do d'Mais wuelfillen hu mer de Buedem mat Stréi bedeckt, sinn dach Mais d'Haaptnahrung vun deenen Eilen."*











GEMENG

# Sprangprëssessioun

**Kultur- a Veräinskommissioun** 11.06.2019 **IECHTERNACH**





**Dëst Joer hat Kultur-a Veräinskommissioun fier d'zweet e Bus organiséiert fir mat allen interesséierten Bierger op d'Weltkulturierwen „d'Iechternacher Sprangprëssessioun" ze fueren.**

Och wann et moies nach no Reen ausgesinn huet, konnte mer bei guddem Wieder sprangen, an e flotten Dag zu Iechternach verbréngen.

*Luss BROSIUS*







# Concert „Orgue et Flûte"

**Kultur- a Veräinskommissioun** 30.06.2019 **FËSCHBER KIERCH**

**Sonndes, den 30. Juni war zu Fëschbech e Concert vun der Kultur- a Veräinskommissioun organiséiert ginn.**

D'Madame Christiane Dennemeyer op der Querflüte an den Här Roger Goodwyn op der Uergel hunn de Public verzaubert. Den Här Goodwyn hat och de Marsch vun den Irish Guardes als Hommage un de Grand-Duc Jean um Programm! Als Ofschloss huet d'Gemeng op e Patt invitéiert an de Museker e klenge Merci iwwerreecht!







# Virowend Nationalfeierdag

**22.06.2019 FËSCHBECH A SCHOUS**





**Den 22. Juni 2019, um virowend vun Nationalfeierdag, stoung eis Gemeng erëm zesummen. Vill Leit waren der Invitatioun vum Schäffen – a Gemengerot nokomm an hunn Owes un de Feierlechkeeten am Kader vum Nationalfeierdag deel geholl.**

Mat de Pompjeeë virop goung et am Cortège an d'Fëschber Kierch wou e feierlechen Te Deum gesonge gouf. Beim Monument huet uschléissend d'Chorale d'Heemecht ugestëmmt a mir hunn all zesummen den Affer vum 1. an 2. Weltkrich geduecht.

Op der Héicht am Veräinshaus gouf an der Usprooch vum Buergermeeschter dem verstuerwenen Grand-Duc Jean geduecht. Duerno goungen d'Festivitéite weider mat der Éierung vun erfollegräiche Sportler aus der Gemeng an der Präisiwwerreechung vum Concours am Kader vun der Mobilitéitsemfro.

Als erfollegräich Sportler goufe geéiert:
Luca Elsen – Dëschtennis
*(feelt op der Foto);*
Chris Rhodesch – Tennis;
Mike Weyrich – Schwammen;
Ramon Hamm – Billard
*(vertrueden duerch d'Mme Sylvie Hamm)*

Gewënner vun der Mobilitéitsemfro:
1. Präis – Paulina Zielinska;
2. Präis – Luc Braconnier;
3. Präis – Germain Zeimetz

Merci u jidfereen deen zum Gelénge vun dëse Feierlechkeete bäigedroen huet a Merci un déi vill Leit fir hir Präsenz.

*Text: Fränk DAEMS*
*Fotoen: Marc a Rosch KOLBER*









*Gewënner Mobilitéitsemfro*



*Erfollegräich Sportler*



# Aktivitéiten an der Schoul





## FILMEN MIT DEM IPAD

Wir haben Anfang Juli einen Ausflug nach Marienthal gemacht und haben dort vier tolle Filme gedreht. Bei drei Filmen ging es um Horror, bei einem Film um Mobbing. Bei unserer Ankunft bekamen wir einen Betreuer und haben mit ihm zusammen überlegt, welche Geschichte wir spielen sollten. Dann haben wir uns Kostüme genommen, sind zu unseren Drehplätzen gegangen und haben mit dem iPad gefilmt. Es war schon



viel Arbeit, weil wenn man mal lachen musste, musste man die Szene von vorne drehen.

Dann nach 6 Stunden waren die meisten fertig und wir begannen, den Film zusammen zu schneiden.

Wir haben viel über das Filmen gelernt und es hat uns sehr viel Spaß gemacht!

*Lee, Nevio a Rodrigo*

## CAJATON – KONZERT

Wir haben ein Konzert im Merscher Kulturhaus besucht, bei dem Schüler aus verschiedenen Lyzeen auf cajatons, das sind Instrumente aus Karton, getrommelt haben.

Als sie dann damit fertig waren, hat ein Mann uns aufgefordert, mit zu machen und er hat uns auch gezeigt, wie.

Also, haben wir das getan und zwar immer schneller.

Später hat er uns gefragt, ob wir eine Zugabe haben wollten und wir haben ja geschrien.

Es war sehr cool und es hat Spaß gemacht.

*Anne a Florence*

## NEIE SCHOULHAFF

Et wore Leit bei eis komm fir ze froen, ob mir Iddeen hätte fir deen neie Schoulhaf. Si hunn eis Fotoe gewise vu verschiddene Schoulhäff vun anere Schoulen an duerno hu mir hinnen eis Iddeeë gesot, hei just e puer: mir hätte gär een Trampolin an een Deel, wou nëmmen déi Kanner vum Cycle 4 däerfe sinn, an awer och een Deel, wou nëmmen déi Kleng kënne sinn. Mir wollten och een Iwwerdag fir wann et reent. Zum Schluss soten d'Architekten, datt si kucke wäerte wéieng vun deene Sachen si an eisen neie Schoulhaff abaue kënnen.



*Manou a Lilly*





## KLASSENFAHRT ZYKLUS 4.2 DURBUY



Am Dienstag, am 25. Juni fuhren wir, die Klasse 4.2, in unsere „Kolonie" mit den Lehrern: Tom Konen, Sarah Kolber und Edmond Haas.

Wir fuhren ungefähr 2 Stunden mit dem Bus, als wir da waren ging es sofort los.

Am ersten Tag machten wir eine lange Fahrradtour und besuchten ein Steinzeitmuseum.

Am zweiten Tag machten wir eine Höhlendurchquerung und mittags fuhren wir Kajak. Abends bestellten wir eine Pizza.

Am dritten Tag fuhren wir mit unseren Fahrrädern ins Adventure-Valley. Es gab viele coole Attraktionen. Es gab ein paar Kinder und zwei Lehrer die sich auf den 30m Free Fall wagten.





Am vierten Tag war es leider auch schon wieder vorbei. Wir haben uns noch in den letzten Stunden die Innenstadt angeschaut und waren in ein paar Läden einkaufen.

Dann fuhren wir wieder zurück in die Angsber Schule wo unsere Eltern uns empfingen.

*Sam*





# PIGMENTE

Mitte Juni, haben wir vieles über Farben im Science Mobil gelernt, das extra zu uns nach Angelsberg kam. Z.B.: dass weißes Licht aus allen Farben des Regenbogens besteht, dass die Katzen die Farben anders sehen als wir Menschen, oder dass man einen roten Puder erhält, wenn man Cochenille- Schildläuse zerkleinert, und wenn man das Puder mit Wasser vermischt, dann wird es wie eine Farbe und die kann man sogar essen. Früher stellten sie mit dieser Farbe die Lippenstifte her oder benutzen sie für den Campari, aber das machen sie jetzt nicht mehr.

*Raffaella a Laurie*



# BESICHTIGUNG EINES WINDRADS

Wir sind nach Hosingen gefahren um ein Windrad besichtigen zu können. Zwei Männer von SOLER haben uns den Bau und die Funktion dieser erklärt. Sie haben uns beschrieben wie das Windrad gebaut wurde und welche Flexibilität der Mast haben muss, damit er sich ein bisschen bewegen kann und nicht das ganze Windrad umfällt. Die Windräder werden in verschiedenen Teilen nacheinander angeliefert. Ihr Mast kann zwischen 50 und 150 Meter hoch sein. WKA (Windkraftanlage) sind sehr groß! Allein der Mast ist ungefähr so lang wie sieben Lieferwagen hintereinander. Jedes der Rotorblätter kann bis zu 56 Meter lang sein und 26 000 Kilo wiegen. Ein einziges Windrad kann die Energie produzieren, die 5500 Menschen im Durchschnitt pro Jahr verbrauchen und bis zu 20-25 Jahre lang Strom erzeugen. Die Gondel funktioniert wie ein Dynamo.

Interessant ist, dass die Windmühle Strom für unser Luxemburg erzeugt ohne die Natur zu verschmutzen.

*David a Sophie*



# SCIENCE CENTER

Nach einer langen Fahrt mit dem Bus und Zug, sind wir im Science Center angekommen. Wir haben unsere Sachen untergebracht und haben uns dann versammelt. Uns wurden in der Zeit die Regeln erklärt. Als die Dame fertig war, durften wir in einen großen Saal mit vielen Experimenten. Im Saal durften wir während einer ganzen Stunde die Experimente ausprobieren. Danach wurden wir zu einer Show aufgerufen. In der Show ging es um die Elektrizität. Der Showleiter erklärte uns wie gefährlich Elektrizität sein kann. Bei der Show wurden Emma und Lee aufgerufen, sie mussten bei etwas helfen. Nach der Show mussten wir uns beeilen, damit wir den Zug nicht verpassten. Doch das wäre nicht nötig gewesen, denn der Zug fiel aus. Wir mussten eine halbe Stunde warten bis der nächste Zug kam. Am Bahnhof holten uns dann Mütter ab. Insgesamt hatten wir einen schönen Tag. Wir hoffen, dass wir noch viele schöne Momente miteinander erleben werden.

*Chloé a Sophie*





# SPORTTAG

Am 2.07.2019 hatten wir Sporttag in der Schule. Die Zyklen 4 und 3.2 liefen von Angelsberg bis zu der Sporthalle in Larochette. Dort gab es dann 6 Sport-Aktivitäten:

- Fußball
- Basketball
- Tischtennis
- Modernen Tanz
- Taekwondo und einen
- Rollerparcours

Verschiedene Trainer haben gefragt, ob wir uns für ihren Club interessieren.

Beim Tischtennis haben sie auch noch Flyer an die Kinder verteilt und sie ließen Max Theisen und Mathis Dieterlen, die zu ihrem Klub gehören, spielen, um den andern zu zeigen, wie man richtig gut Tischtennis spielt.

Es war sehr anstrengend und toll.

*Max a Tim*





# Kontinentfest

12.05.2019 **SCHOUS**












## LUCILINBURHUC IESSEN



Hmmhh, et goufe gutt Lëtzebuerger Spezialitéiten z'iessen, déi meescht hu mir selwer zoubereet: Kniddele mat Speck vum Cycle 4.2, Zockerwäffelcher mat Erdbierscreme vum Cycle 4.1, Eisekuche mat Zocker a Schlagsan vum Cycle 3.2, gebootschte Gromperen vum Cycle 3.1, Spiiss mat Tomaten a Mozzarella, een Teller mat Ham, Pâté, Kéis, Cornichonen a Baguette vum Cycle 2, Feierstengszalot vum Cycle 1, Kuch a Muffine, Lëtzebuerger Grillwurschten a Fritten vun den Elteren.

Et huet eis gutt geschmaacht an et wor bal wéi op engem Maart.

*Emma Reding an Adriana*



## EISEN THEATER UM LUCILINBURHUC-FEST

Am Veräinshaus zu Schous ass all zweet Joer ee grousst Fest. Dës Kéier huet sech alles ëm Lëtzebuerg gedréit. Mir vum Cycle 4.1 hu mam Cycle 4.2 zesumme probéiert, 1000 Joer Geschicht vu Lëtzebuerg an Zäit vu 15 Minutten duerzestellen. Virdrun hu mir eis Rolle selwer rausgesicht a geléiert. Mat Banannekëschten, déi mir gro bemoolt haten, hu mir mol eng Buerg, mol eng Grouf, mol ee Bunker, mol eng Sëtzgeleeënheet als Bühnebild gebaut.
Déi aner Klassen hu gedanzt, gesong oder ee Video vun hirer Rees duerch Lëtzebuerg gewisen.

*Emma Matias a Lena Marteng*





# Schoulfest

## Eltereveveenegung & Angsber Schoul

12.07.2019 SCHOUS

**Den 12. Juli huet d'Elterevereenegung Fëschbech um leschte Schouldag de Kanner an der Mëttesstonn eng Spaghetti a Glace offréiert fir sech nom Schoulrallye ze stäerken.**

Duerno haten d'Kanner vill Spaass um Schoulfest bei flotte Spiller, Facepainting an enger Zaubershow vum David Giacomini.

D'Elterevereenegung huet sech iwwer all eenzel Präsenz gefreet an seet dem Léierpersonal, der Maison Relais an all Elteren a Fräiwëllegen déi gehollef hunn e groussen Merci.

*Pascale ELSEN*



































| Maison Relais bei de Kueben |

# Eng Rees duerch d'Zäit

**15 - 26.07.2019 ANGELSBIERG**

**D'Schoul ass fäerdeg an dat heescht déi laang erwaarte Summervakanz geet lass. Domat fänken och, wéi all Joers, d'Summeraktivitéiten un. Wärend zwou Wochen hunn och dëst Joer nees vill Kanner sech fir eise Summerprogramm ageschriwwen. Dëst Joer si mir op eng grouss Zäitrees gaangen an hunn all Dag déi kulturell Welt vun enger bestëmmter Epoch erlieft. Mat enger „Marche Gourmande" huet eis Rees een Enn geholl.**

Fir de Cycle 1 huet d'Rees mat de Ritter ugefaange wou si sech ënnert anerem eng Ritterrüstung gebastelt hunn an ee grousse Ritterbuergkuch gebak hunn. Den nächsten Dag sinn si den Dinosaurierpark zu Ernzen besiche gaangen an hunn den Dag drop mat klengen Atelieren am Bësch d' Steenzäit entdeckt. Déi ëischt Woch gouf mat engem groussen Ausfluch an de Wollefspark an an een Trampolinpark zu Maerzeg ofgeschloss.

Zesumme mam Cycle 2 sinn si an der zweeter Woch bei de Séi op Losheim gefuer. Vill Sonn a Waasserspaass hate mir op dësem summerlechen Dag.

D' Cyclen 2-4 hu mat engem Gladiatorturnéier ugefaange wou si versicht hunn hire Géigner mat enger Lanz vun enger Stréibott erof ze geheien. Am Bësch konnten si unhand vun engem Rallye d'Iwwerliewensstrategie vun den Neandertaler kenneléieren.

Staark Nerven huet een am Kloterpark zu Veianen gebraucht wou een sech selwer mat Seeler séchere misst fir vu Bam zu Bam ze kloteren. Dofir konnt een sech beim Besuch vum Veianer Schlass nees bëssen ausrouen an sech déi mëttelalterlech Architektur a Sammlungen ukucken.

Donneschdes war vill Kreativitéit gefrot: D'Ekipp huet de Kanner mat Hëllef vun enger Formatioun eng Textil- an Designwierkstatt ageriicht. D'Kanner konnten sech duerch verschidde Bitz- a Verbannungstechniken en futuristeschen Outfit zesummestellen. Mat passender Deko, Accessoiren a Sprayen konnten si hirer Kreatioun de leschte futuristesche Flair ginn.

Wéi all Joers stoung och nees ee grousse Fräizäitpark um Programm. Dëst Joer ass et mol nees an d' Phantasialand gaangen.

Mëttwochs an Donneschdes hunn d'Kanner un engem Indianervillage zu Meesebuerg am Bësch gebaut. Dobäi duerft ee groussen Tipi an en Totem aus Holz net feelen.

Och fir eist grousst Ofschlossfest hu mir wéinst der Hëtzt eis geplangte „Marche Gourmande" duerch Angelsbierg missten emplangen. Sou hu mir eis dozou entscheet d'Marche duerch déi zwee Häff an duerch verschidde Raim an der Maison Relais ze maachen. Sou sinn och eis Elteren zréck an d'Vergangenheet gereest an hunn bei de Stänn vun den Indianer, Ägypter an Hippië selwer gemeete Fingerfood geschmaacht oder sech vun de Réimer beim Grill zerwéiere gelooss. An der Zukunft kruten si e futuristesche Catwalk ugebuede bei deem d'Kanner hier selwer designten Kleeder virgedroen hunn.

D'Ekipp vun der Maison Relais seet hire Kanner Merci fir déi flott zwou Wochen. Mir freeën eis op e Neits, wann et nees heescht: D'Summeraktivitéite fänken un.

*Joé KLEMMER*

















# Dagesausfluch

## Senioreveräin

11.04.2019 SCHOUS

**De Senioreveräin aus der Gemeng huet den 11. Abrëll eng Dagesfaart an den Oste vun eisem Ländche gemaach.**

Moies hate mir fir d'éischt eng Visite vum Aquatower zu Berdorf gemaach. De Waassertuerm huet eng Héicht vun 55,72 m an ass vu Wäitem ze gesinn, wann d'Wieder kloer ass. (422,67 m iwwer dem Mieresspiegel) Ganz interesséiert hu mir dem Guide nogelauschert, deen op all eis Froen eng Äntwert hat. Nom Mëttegiessen am Hotel Kinnen zu Berdorf hate mir Rdv zu Bour beim RAMBORN CIDER HAFF, den éischte Lëtzebuerger Cider Produzent, gegrënnt am Joer 2015. No engem flotte Film iwwer dës RAMBORN CIDER COMPANY hu mir natierlech och hir Produkter ze schmaache krut. Selbstverständlech konnte mir och dës lecker Saache kafen. Et war e flotten Dag fir eis all.

*Marie-Louise HAAS*






# Eischt Meefeier

## Wiichtelcher

01.05.2019 SCHOUS

**Den 1. Mee hunn d'Wiichtelcher vu Schous bei herrlechem Wieder e Meekranz zu Schous an der Säitert gemaach.**

No engem Patt a Gegrills war déi alljäerlech Generalversammlung am Veräinshaus.





# Spargeliessen

## Senioreveräin

12.05.2019 SCHOUS



**No Bettseecheschzalot, Paëlla, Spaghetti an Haxen, war et dëst Joer un de Spargelen (A volonté).**

Zervéiert goufe se a Form vun engem Buffet mat Gromperen, Ham, Saumon fumé an enger gudder Zooss. Natierlech ass och Kaffi an Taart offréiert ginn. 80 kg lëtzebuerger Spargelen oder 1580 Stangen, 35 kg Gromperen, 12 kg Ham an 10 kg Saumon hunn di 150 Leit giess. Dat war erem ee grousse Succès fir eise Veräin.

Fir 2020 loosse mir eis och erëm ëppes Guddes afalen.

*Marie-Louise HAAS*







# Éischt Kommunioun

**Kathoulesch Kierch** 18.05.2019 **FËSCHBECH**



*Kommuniounskanner aus der Gemeng Fëschbech*



# Remise vun de Graden

**Pompjeeën** 23.05.2019 **JONGLËNSTER**



**Am Mee waren d'Pompjeeën am ganzen Land opgeruff fir hir nei Graden sichen ze goen.**

De CIS Fëschbech war op d'Remise des Grades ob Jonglënster respektiv ob Lëntgen, wou se och déi nei Softshelljacketten kruten.



# Rallye „Natur Pur"

**Jugendpompjeeën** 25.05.2019 **BEEFORT**

**D'Jugendsektioun vum CIS Fëschbech huet den 25. Mee um Rallye „Natur Pur" vun de Jugendpompjeeën aus der Regioun Osten zu Beefort deelgeholl.**









# Nopeschfest

## Fëschber Nopeschfest asbl

**15.06.2019 FËSCHBECH**

**Léif Noperen,**
**Als President vun der Fëschber Nopeschfest a.s.b.l. ass et mir eng Éier e puer Sätz hei am Fëschber Gemengeblat iwwert eist Fest ze schreiwen.**

Wéi den Axel an ech äis am Joer 2009 kennegeléiert hun, koum äis d'Iddi engt Nopeschfest ze organiséieren, an daat well eis Noperen aus dem Batz all owes no der Schaff op der Strooss virun den Haiser stoungen mateneen ze schwätzen.

Gesoot, gemach! Mir sinn vun Haus zu Haus gaang, an hunn Noperen aus dem Batz drop ugeschwaat, dass mir engt Batzefest wëllen organiséieren. Begeeschterung war grouss an si ware frou, dass een d'Organisatioun an Hand géif huelen. Wéi mir bei den Haiser am aalen Deel vum Batz stungen, hunn Léit gesoot: Oh eng gutt Iddi, mee rufft eise Noper och. A schons ware mir um Wäschbuer. Well jiddereen sollt um Fest kënnen deelhuelen, huet den Axel an ech décidéiert duerch ganzt Duerf vu Fëschbech ze goen, fir all Leit unzeschwätzen.

Op eemool ass aus dem Batzefest eengt Nopeschfest ginn!

Um 1. Nopeschfest haaten mir well eng 80 Leit beieneen. Freed um Nopeschfest deelzehuelen war sou grouss, dass vu Joer zu Joer ëmmer méi Leit sech ugemellt hunn.
Haut hu mir eng Moyenne vun iwwert 120 Leit, déi op d'Nopeschfest kommen. Vum Schwäin um Grill, iwwert Paëlla, Hamburger, etc. haate mir well villerlee um Menu stoen.

2016 si mir eng ASBL ginn, an et hunn sech dorobshin Leit an de Comité ugemellt, an haut si mir een Team vun 8 Leit. Ech soe jiddérengem villmools Merci aus dem Nopeschfest a.s.b.l., well ouni engt gutt TEAM wiir et schwéier sou engt schéint Fest ze organiséieren. Ech soen all de Noperen villmools Merci, dass si all Joer dobäi sinn!

Och 2020 gëtt et eng 8. Editioun vum Fëschber Nopeschfest.

Vive eis Noperen!

*Tom HEINZ*





















WAT WAR LASS ?

# Erläicheprëssessioun

**Chorale & Kathoulesch Kierch**

**23.06.2019 MEESEBUERG**











# Tour de Luxembourg

**30.06.2019**





**Och dëst Joer ass d'Schlussetapp vum Skoda Tour de Luxembourg nom Depart zu Miersch op der Mechelsplaz nees duerch eis Gemeng gaangen.**

Vill Awunner hunn dervu profitéiert an d'Coureuren ugefeiert! Zu Fëschbech beim Schlass huet Direktioun vum Tour Blummen néiergeluecht, am Gedenken un de Grand-Duc Jean.

*Luss BROSIUS*





# Ausfluch vum Theaterveräin

30.06.2019



**Dëst Joer war den Theaterveräin op Buerschent, wou si eng Visite guidée vum Schlass gemaach hunn, mat uschléissend engem gesellegen Iessen an der Brasserie du Vieux Moulin „Am Keller“.**









# Mir ware klibberen

18-20.04.2019





SCHOUS

ANGELSBIERG



*Déi 8 Angsber Klibberkanner hunn hiren Erléis duerch 9 gedeelt an deen 9 Deel symbolesch mat Kanner a Nout gedeelt. De 9. Deel ass jeweits zur Halschent u „Rahna“ an „En Häerz fir kriibskrank Kanner“ iwwerwisen ginn.*

# Übung mat Grillowend

**Amicale Pompjeeën** 10.07.2019 **SCHOUS**



**Traditionell mécht de CIS Fëschbech virun der Summervakanz eng Übung mat uschléissendem Grillowend.**

Dëst Joer waren d'Kollegen aus dem CIS Fiels bei eis, fir zesummen en Auto auserneen ze schneiden. Och d'Memberen vun eiser Amicale an de Buergermeeschter Fränk Daems hu sech déi Übung ugekuckt. Am Uschloss huet de Sam Brosius nach d'Sëlwerofzeechen an de Lee Brosius d'Bronzeofzeechen vun der Jugend iwwerreecht kritt. Den Owend ass bei engem Patt an engem gudde Wupp ausklénge gelooss ginn.

*Luss BROSIUS*









| Wat war lass? |







# Joergäng 1944 - 1960 aus de Primärschoule vu Fëschbech a Schous

**De 25. Abrëll hu sech, fir déi éischte Kéier, d'Joergäng 1944 - 1960 aus de Primärschoule vu Fëschbech a Schous zu Jonglënster am Restaurant „V8" an engem flotte Kader a bei engem gudde Maufel Rendez-vous ginn.**

Mat Fotoen vun deemools sinn Erënnerongen erëm opgefrëscht ginn. Un déi verstuerwen Schoulkomeroden ass och geduecht ginn. Mir wäerten äis elo méi dacks erëmgesinn.

*Roland MINY*











# Wiessel un der Uergel bei der Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous



**No 26 Joer treien Dingschter huet d'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous dem Tessy Welbes-Degraux „Au revoir" gesot.**

Mat jonken 13 Joer huet d'Tessy op Chrëschtdag säin Début als Organistin vun Angelsbierg ginn. Zënterhier wor hatt eng wichteg Stäip am Veräin an huet d'Chorale kompetent begleet. Nom Solfège an der Fiels woren de Conservatoire zu Ettelbréck an zu Dikkrech weider Etappen. Seng Uergelcoursen huet et bei der renomméierter Professorin Pascale Van Coppenolle ofgeschloss. Déi ganz Lycéeszäit a Studienzäit wor et dem Veräin trei an och nodeems et bestuet gi wor, ass et dobäi bliwwen.

Famill, Beruff a Veräin ënnert een Hutt ze kréien wor net ëmmer einfach, sou datt d'Tessy um Enn vum leschte Joer schwéiren Häerzens säi Posten huet wëllen ofginn.

No enger Sonndesmass am Abrëll huet de Veräin an enger klenger Feierstonn dem Tessy offiziell Merci gesot. De President Hipp Lanckohr huet der jonker Organistin hir Mériter nach eemol ervirgehuewen an huet him all Guddes fir säi weidere Wee gewënscht. En Nofollger fir d'Tessy ze fannen wor net évident, ma de Robert Depta huet d'Erausfuerderung ugeholl. D'Andrée Daems begleet de Chouer bei de Prouwen an hëlleft aus.

*Chantal CONRAD*

# „Fraen a Mammen" Gemeinde Fischbach

**Beim diesjährigen Abschlussessen der „Bitzowender" konnten die „Fraen a Mammen" aus der Gemeinde Fischbach einenTeil des Erlöses vom „Fréijorsbasar" an Herrn John Daems, Vertreter von Kolping ASBL, überreichen.**

Mme Marie-Jeanne Brauch bedankte sich mit lobenden Worten für die Unterstützung in Höhe von 2500 Euro. Sie gab Erklärungen zum Entwicklungsprojekt im Kongo für das die Spende verwendet wird. Präsidentin Mme Alice Trausch dankte allen, die zum Erfolg des diesjährigen Basars beigetragen hatten.

*Alex KUGENER*



# Eine Bilderbuchreise ins Land der Friesen

## Spuerveräin



**27.MAI:**
Anreise durch die Eifel und das Ruhrgebiet Richtung Friesland. Besuch der Stadt Deventer, einer der ältesten Städte der Niederlanden. Friesische Bauernhöfe und auf den Weiden grasende Schafe säumen die Wegstrecke nach Leeuwarden ins Hotel „Post-Plaza".

**28.MAI**
Stadtrundfahrt im Mini-Zug durch Leeuwarden (Kulturhauptstadt 2018). Die Stadt brilliert mit einem romantischen, mittelalterlichen Zentrum mit 600 nationalen Denkmälern, einem spätgotischem Turm De Oldehove, auch „Turm von Pisa der Niederlande"genannt und zählt zu den meistfotografierten Monumenten der Stadt. Fahrt nach Dokkum, von alters her als Wallfahrtsort bekannt. Benediktinermönch evangelisierte ab 716 Friesland gemeinsam mit dem Apostel der Friesen, dem Missions-Erzbischof Willibrord, der Gründer der Abtei Echternach. In Noardburgum Besichtigung einer traditionellen „Klompenmakerij". Wissenswertes erfuhren wir über die Herstellung der friesischen Klompen, vom Baumstamm zum Klompen, eine spannende Präsentation von Arbeitsschritten. Im benachbarten Museum erfuhren wir Entwicklung und Modetrends dieser Klompen.



**29.MAI**
Heute führte uns unsere Fahrt über den imposanten 30 KM langen Abschlussdeich, der die Nordsee vom Ijsselmeer trennte. Auf der Besucherterrasse hatten wir einen herrlichen Blick auf das Weltkulturerbe Wattenmeer. In Hoorn am Ijsselmeer fuhren wir mit der historischen Museumseisenbahn Stoomtram nach Medemblik. Weiterfahrt über den Markerwaarddijk in die Provinz Flevoland. Diese entstand erst 1986 aus einem Zusammenschluss verschiedener, im Zeitraum von 1942 bis 1968 trockengelegter Poldergebiete. In Luttelgeest besichtigten wir „De OrchideeënHoeve". In diesen über 25000 m2 großen komplett überdachten tropischen Gärten wanderten wir vorbei an Wasserfällen, Brücken und Felshängen und entdeckten unzählige Blüten und Pflanzen, Tropenvögel und prachtvolle Koi-Karpfen. Nach unserem Besuch konnten wir im modernen Ladengeschäft mit prächtigen Orchideen, Souvenirs und Dekorartikeln ausgiebig einkaufen.







**30.MAI**
Heute nach Den Helder und Überfahrt mit der Fähre zur Insel Texel. Besichtigung vom Naturkundemuseum und Aquarium Ecomare. Anschaulische Übersicht über die Tier- und Pflanzenwelt der Insel. Freier Aufenthalt in der größten Stadt der Insel BURG, Rückfahrtmit der Fähre, ein einmaliges Erlebnis.

**31.MAI**
Abfahrt in Leeuwarden und Fahrt zur Käsefarm „De Eelen" bei Tijnje. Der Hof grenzt an ein einzigartiges Naturschutzgebiet und besteht seit 1976. Auf unserer Tour wurde uns erklärt wie dieser Hof funktioniert, wie die Kühe leben und wie der Hausherr dafür sorgt, dass sie jeden Tag die beste Milch geben. Nach der Erklärung des Käseherstellungsprozesses und Verkostung hatten wir die Möglichkeit im hauseigenen Laden nicht nur die leckeren Bauernkäse, sonder auch andere regionale Spezialitäten einzukaufen, wovon wir natürlich reichlich Gebrauch machten. Nach dem Mittagessen in Zwolle Heimfahrt nach Luxemburg. Wunderschöne Reise, gute Gesellschaft, schönes Wetter, alles in allem 5 herrliche Tage.

*Text & Fotoen: Marie-Louise HAAS*



# Badminton Regioun Mëllerdall



## en neie Sportsveräin an der Regioun Mëllerdall

**Fir d'Schoulrentrée 2019/20 fänkt de neie Sportsveräin seng Aktivitéiten un.**

Kanner, Jugendlech an Erwuessener kënnen dann de rasante Sport mat der Rackett ausprobéieren. Si hunn d'Méiglechkeet an den Halen vun de 9 Gemengen ze trainéieren, an deenen de Badminton Regioun Mëllerdall aktiv gëtt. Dat sinn d'Gemengen Ärenzdall, Bäerdref, Beefort, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Konsdref, Noumer a Waldbëlleg.

**Grënnung vum Veräin**
De 6. Juli 2019 gouf de Badminton Regioun Mëllerdall an der Sportshal zu Waldbëlleg gegrënnt. Eng Rei Kanner aus der Regioun hunn de flotte Sport ausprobéiert. Di Grouss konnten en Turnéier matspillen. Uschléissend gouf an der Cafeteria op de neie Veräin ugestouss.

**Badminton op professioneller Basis**
Säit Barcelona 1992 ass Badminton olympesch a boomt virun allem a ganz Asien, mee awer och an Europa an op den anere Kontinenter. D'Spill ass extrem athletesch, sou dass d'Spiller/innen op héijem Niveau net nëmmen iwwer grouss technesch Fäegkeeten verfüge mussen, mee si mussen och rasant séier op de Been sinn, ëmmerhin kritt de Plumier beim Smash Vitessen vu wäit iwwer 300 Stonnekilometer. De Weltrekord vum Tan Boon Heong aus Malaysia läit bei 493 Kilometer beim Verloossen vun der Rackett. En plus ass eng gutt Grondausdauer verlaangt, di séier an heiansdo laang Bällwiessel ginn un d'Substanz an ee Spill ka bis zu enger Stonn daueren.

**Badminton als Kompetitiounssport**
Souwuel bei de Kanner, wéi och bei de Senioren gëtt Championnat mat der Equipe gespillt. Individuell ginn zousätzlech vill Turnéier organiséiert, an zwar am Eenzel, Doubel a Mixt. Eise neie Badmintonveräin ass affiliéiert a wäert schonn di nächst Saison iwwerall deelhuelen.

**Badminton als Hobbysport**
Bekanntlech gëtt «Fiederball» vill op Plagen oder an de Gäert gespillt. Dat kann een awer och an de Badmintonveräiner maachen. D'Hobbyspiller kënnen am Laf vun der Woch wärend enger Rei Plagen an eise Veräin spille kommen. Si maache keen dirigéierten Training mat, kënnen awer gär deen een oder aneren Tipp kréien.

**Trainingsméiglechkeeten am Iwwerbléck**
Den detailléierten Trainingsplang 2019/20 ass nach net ausgeschafft. Folgend Plagen sinn zimlech sécher, wéi eng Trainingen a wéi enger Sportshal ugebuede ginn, kënnt op eisen Internetsite stoen. Gitt op deen Training an an déi Sportshal, wou et iech am beschte geet, sou oft wéi der wëllt, de Choix ass grouss. Och fir Hobbyspiller!



*D'Kanner hunn ee vun eisen Trainer an de Maskottchen Mëlli begréisst.*

| | |
|---|---|
| Ärenzdall | ab September 2020 an der neier Sportshal (Miedernach) |
| Bäerdref | Kannertraining donneschdes, fräit Spill sonndes moies |
| Beefort | Kannertraining mëttwochs |
| FILANO - Birkelt | d'Verdeelung vun den Stonnen an der Sportshal ass nach net ofgeschloss |
| Hiefenech | eventuell Kannertraining |
| Konsdref | Training wahrscheinlech donneschdes owes |
| Waldbëlleg | Training dënschdes a freides owes a samschdes nomëttes |

**Weider Informatiounen:**
***www.badmintonregiounmellerdall.lu***
**Email: badmellerdall@gmail.com**

**Kommt a spillt Badminton!**
**Luc Schmidt**
**Telefon: 691 821592**







# Catéchèse - Katechese - Catequese

## Communes de Mersch, Lorentzweiler, Lintgen, Fischbach

**Les nouvelles inscriptions** pour l'année scolaire 2019-2020 seront acceptées à MERSCH à la Maison des Œuvres paroissiales, 12, Place de l'Eglise.

**Lundi le 23 septembre de 18h00-20h00**

Le programme et les détails sur la catéchèse vous seront exposés dans les réunions à l'église de Mersch le 25.9. et à l'église de Lintgen le 26.9. toujours à 19h30. Pour tout renseignement supplémentaire n'hésitez pas à contacter la catéchète titulaire,
Madame Pia Ludwig au Tél. 691 879 730.

**Die neuen Einschreibungen** für das Schuljahr 2019-2020 werden entgegengenommen in MERSCH im Vereinshaus, 12, place de l'Eglise.

**Montag den 23. September von 18:00-20:00**

Das Programm und die Einzelheiten zur Katechese werden Ihnen vorgestellt in den Versammlungen vom 25.9. in der Kirche in Mersch und am 26.9. in der Kirche in Lintgen, jedesmal um 19:30. Bei weiteren Fragen wenden Sie sich bitte an die hauptverantwortliche Katechetin Frau Pia Ludwig Tel. 691 879 730.

**As novas inscrições** para o ano escolar 2019-2020 serão aceites do Veraïnshaus MERSCH, 12, place de l'Eglise.

**Segunda-feira dia 23 de setembro, 18 às 20 horas**

O programa e os detalhes sobre a catequese serão expostos durante as reuniões, na igreja de Mersch dia 25 de setembro e na igreja de Lintgen dia 26 de setembro, sempre às 19h30. Para qualquer informação suplementar não hesite em contactar a responsável pela Catequese Madame Pia Ludwig através o Tel. 691 879 730.







**Paroisse MERSCH Saint François,**
**8, rue Jean Majerus, L-7555 MERSCH**
***www.miersch.cathol.lu***

# 2019

▶ **Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

## SEPTEMBER

**01** FLOUMAART
*Schous* / Senioreveräin

**15** RANDONNÉE VTT
*Bierkelt-Fiels* / VC Filano

RANDONNÉE DU CENTRE
12 communes an Sportskommissioun

**24** ZESUMMEN KACHEN
*Schous* / Gemeng

## OKTOBER

**03** PAPPENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**04 - 06**
BILLERAUSSTELLUNG „NATURMOLEREI"
*Schous* / Kultur-, Veräins- an Emweltkommissioun

**06** KIERMES
*Angelsbierg*

**10** INFORMATIOUNSKONFERENZ „ENN VUM LIEWEN"
*Schous* / Gemeng & Association „Mäi Wëllen, Mäi Wee"

**13** JOURNÉE DU GRAND AGE
*Schous* / Senioreveräin

JOURNÉE DE LA COMMÉMORATION
*Fëschbesch* / Gemeng

## NOVEMBER

**10** SCHLUECHTFEST
*Schous*

**17** KIERMESHAAM / DANZMUSEK
*Schous*
Amicale Pompjeeën

KIERMES
*Fëschbech a Schous*

## DEZEMBER

**01** FAIRETRADEKAFFI
*Schous* / Fairtradegrupp

**04** KLEESCHEN
*Angsber Schoul* / Gemeng Fëschbech

**05** KLEESCHEN
*An der Gemeng* / Club des jeunes

**14** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Theaterveräin

**15** CONCERT MAT DE RÉIDENER JUEGDBLÉISER
*Fëschbech* / Kultur-a Veräinskommissioun

# 2020

## JANUAR

**05** KAFFISKRÄNZCHEN
*Schous* / Senioreveräin

STÄRESÄNGERAKTIOUN
*Schous* / Gemeng

**11** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Pompjeeën Gemeng Fëschbech

**18/19/24/25**
THEATEROWEND / MËTTEN
*Schous* / Theaterveräin

## FEBRUAR

**02** LIICHTMËSSDAG
Schoulkanner

**09** CHOUCROUTE GARNIE
*Schous* / Spuerveräin

**14** HIERKENIESSEN
*Schous* / Senioreveräin

**16** KANNERFUESBAL
*Schous* / Amicale Pompjeeën

**20** FETTEN DONNESCHDEN
Schoulkanner

**21** HEXEBAL
*Schous* / Club des Jeunes

**23** MAM BUS OP D'CAVALCADE
Club des Jeunes

**29** BUERGBRENNEN
*Fëschbech* / Amicale Maarkollef

## MÄERZ

**01** BUERGBRENNEN
*Angelsbierg* / Club des Jeunes

BUERGBRENNEN
*Schous* / Wiichtelcher

**15** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Senioreveräin

**28** GROUSS BOTZ
*Gemeng* / Ëmweltkommissioun

**29** FRÉIJORSBAZAR
*Schous* / ACFL

## ABRËLL

**13** THÉ DANSANT
*Schous* / SCCK Supporter Club

## MEE

**01** ÉISCHT MEEFEIER & GV
*Schous* / Wiichtelcher

**10** SPARGELIESSEN
*Schous* / Senioreveräin

**23** RALLYE „NATUR PUR"
*Schous* / Amicale Pompjeeën

## JUNI

**02** BUS OP D'SPRANGPRËSSESSIOUN
*Schous* / Kultur-a Veräinskommissioun

**06** MAMMENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**22** VIROWEND NATIONALFEIERDAG
*Schous* / Gemeng

## JULI

**07** GRILLPARTY
*Schous* / Senioreveräin

**10** SCHOULFEST
*Schous* / Elterevereenegung & Angsber Schoul

**Bistro**




***All léschte Freideg am Mount ass de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.***

***Organisator:***
***Maarkollefen vu Fëschbech an Wiichtelcher vu Schous***

# Mir gratuléieren





Madame Marguerite THOLL

**Ufank Juli hat de Schäfferot aus der Gemeng Fëschbech d'Éier der Madame Marguerite Tholl-Dichter vun Angelsbierg fir hire 90ten Gebuertsdag ze gratuléieren.**

Madame Tholl ass den 5. Juli 1929 zu Eschduerf als drëtt vu véier Kanner op Welt komm. 1952 huet Marguerite sech mam Jos Tholl bestuet. Mam Jos huet Si e Bauerebetrib geleet an 3 Kanner groussgezunn. Haut kann Si op 7 Enkelen an 10 Urenkelen houfreg sinn. 2004 huet hire Mann de Jos Si verloos. Well Si awer eng geselleg Persoun ass, an hire Liewensowend net eleng wollt verbréngen, fiert Si haut all Dag an Fiels an de Foyer du Jour vun Hëllef Doheem, wou Si flott Stonnen mat Poteren a Gesang erliewt. Mir wënschen der Madame Tholl ob dëser Platz nach emol nëmmen dat bescht an eng gutt Gesondheet.

*Luss BROSIUS*







**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

| | |
|---|---|
| **COLLÈGE ÉCHEVINAL** | |
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1 Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2 Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |
| **SECRÉTARIAT COMMUNAL** | |
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |
| **BUREAU DE LA POPULATION** | |
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |
| **RECETTE COMMUNALE** | |
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| **SERVICE TECHNIQUE** | |
| technique@acfischbach.lu | |
| BECKERS Romain | 32 70 84 - 22 |
| romain.beckers@acfischbach.lu | |
| **SERVICE FORESTIER** | |
| MOLITOR Olivier | 621 202 134 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |




**Dësen Éischt-Hëllefs-Cours ëmfaasst 16 Stonnen an behandelt folgend Thema'en:**

- Den Accident an d'Wonnen
- Verbrennungen an Verbänn
- Bluddungen an Bréch
- Bewosstlosegkeet an stabil Säitelag
- Ootmung an Reanimatioun cardio-pulmunaire
- Häerz, AED/DSA an Reanimatioun vum Kand
- Ausdoen vun engem Motorradshelm an stabil Säitelag

**Sprooch:** Lëtzebuergesch
**Wou:** Veräinshaus op der Héicht
**Moniteur:** Joanne MARCUS
**Aschreiwung:** ab elo iwwert cours.cgdis.lu
**Diplomiwwereechung:** 04.12.2019 20:00

De Cours fënnt nëmmen statt wann sech 12 Persounen umellen. Insgesamt kënnen 25 Persounen deelhuelen.

**Wéini:**
25.09.2019 20:00 - 22:00
02.10.2019 20:00 - 22:00
09.10.2019 20:00 - 22:00
16.10.2019 20:00 - 22:00
23.10.2019 20:00 - 22:00
06.11.2019 20:00 - 22:00
13.11.2019 20:00 - 22:00
20.11.2019 20:00 - 22:00

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu